



## Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6953 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman 2015
  - Rapport de la Commission des Pétitions: M. David Wagner (dépôt d'une motion)
  - Débat: M. Marco Schank, Mme Cécile Hemmen, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen
  - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)
- Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du vote britannique en faveur d'une sortie du pays de l'Union européenne - les effets et les conséquences pour l'économie luxembourgeoise et notre place financière
  - Exposé: M. Laurent Mosar
  - Débat: M. Eugène Berger, M. Franz Fayot (intervention de M. Laurent Mosar), M. Gérard Anzia, M. Roy Reding, M. Marc Baum
  - Prises de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (interventions de M. Claude Wiseler), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - M. Laurent Mosar (parole après ministre), M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (intervention de M. Claude Wiseler)
- 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution
  - Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Alex Bodry
  - Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum (interventions de M. Alex Bodry)
  - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
  - Vote sur la proposition de révision de la Constitution
- 6868 - Projet de loi concernant la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes et portant modification de diverses dispositions relatives à la comptabilité et aux comptes annuels des entreprises ainsi qu'aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés et
  - portant transposition de la directive 2014/95/UE du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 modifiant la directive 2013/34/UE en ce qui concerne la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes;

- portant modification:
  - du titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;
  - de la section XVI de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;
  - de la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:
    - aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois
    - aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger
  - Rapport de la Commission juridique: M. Franz Fayot
  - Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel, Mme Josée Lorsché, M. Roy Reding, M. David Wagner
  - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
  - M. David Wagner (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6928 - Projet de loi portant réorganisation du Conseil supérieur de la sécurité sociale et modification:
    - du Code de la sécurité sociale;
    - de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;
    - de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;
    - de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale;
    - de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif
    - Rapport de la Commission juridique: M. Alex Bodry
    - Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Josée Lorsché, Mme Simone Beissel
    - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, Fernand Etgen, Pierre Gramegna et Dan Kersch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - E schéine gudde Mëtteg. Ech maachen d'Sëtzung elo op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

#### (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da géife mer zu eisem Ordre du jour iwwer-  
goen. An als éischte Punkt um Ordre du jour  
hu mer d'Orientéierungsdebatt iwwert den Ak-  
tivitéitsrapport vum Ombudsmann fir d'Joer  
2015 stoen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 ge-  
regelt. An d'Wuert huet elo direkt den Här  
Rapporteur vun der Petitiounskommissioun,  
den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt  
d'Wuert.

### 2. 6953 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman 2015

#### Rapport de la Commission des Pétitions

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*), *rapporteur*.  
Merci, Här President. Ech wëll fir d'Alleréisch  
jiddwerengem Merci soen, deen un dësem Be-  
richt matgeschafft huet. Dat sinn natierlech  
d'Membere vun der Petitiounskommissioun,  
awer och déi Membere vun allen anere Kom-  
missiounen, déi vum dësjärege Bericht saiséiert  
goufen. Ech mengen, domadder hätt ech quasi  
jiddwerengem hei am Sall op iergendeng Aart  
a Weis Merci gesot. Ech mengen, awer och e  
ganz spezielle Merci, dee geet natierlech och  
un d'Madamm Vera Haas-Gelejinjsky, déi u sech  
d'Bärenarbeit gelescht huet, an natierlech och  
un d'Médiatrice selwer, d'Madamm Lydie Err,  
déi fir all Fro zur Verfügung stoung, an och  
dem ganze Personal vun der Ombudsmann-  
stell.

Här President, virun net allze laanger Zäit hat  
ech e Gespréich mat engem Mann, deen aus  
Brasilien kënnt, dee scho gutt 15 Joer hei zu  
Lëtzebuerg leeft. An deen ass einfach net midd  
ginn, Lëtzebuerg als e fantastescht Land ze be-  
schreiwen, wat hien nimools wëllt verlossen.  
Op eng Kéier, dunn ass et mir scho bal ze bont  
ginn, dunn hunn ech gemengt missen ze soen,  
datt säi Land Brasilien awer och villes ze bidden

hätt. Doropshin huet hie gemengt, ob ech mir  
bewosst wier, wéi schwéier et wier, an engem  
Land ze liewen, wou, wann een aus einfache  
Verhältnissen kéim, et immens schwierig wier  
weiderzekommen, wann ee weder iwwert déi  
richteg Relatiounen nach iwwert dat néidegt  
Geld géif verfügen, fir déi normalst bürokra-  
tesch Prozeduren duerchzegoen. Hei zu Lëtze-  
buerg géif et dat net ginn. An et wier alles een-  
deiteg méi einfach.

Schlussendlech huet hie souguer gemengt,  
datt d'Lëtzebuurger sech deem net ëmmer  
bewosst wieren. An e misst ëmmer de Kapp rë-  
selen, wann e se géif héieren, iwwer hire Stat  
deemno wéi oder Gemengen hierfalen.

Jo, mir sinn eis net ëmmer bewosst, mengen  
ech och, datt eis Administratiounen, ob Ge-  
mengen oder Stat, och wa se net perfekt sinn,  
et u sech méiglech maachen, datt d'Land awer  
relativ gutt funktionnéiert. Dat huet alles na-  
tierlech e Präis. Et muss een an ëffentlech Infra-  
strukturen an och a Mënschen investéieren an  
hinnen en Aarbechtsëmfeld schafen, dat se  
motivéiert, hiren Dénsgscht un der Allgemeng-  
heet ze leeschten.

Dat alles wëllt awer natierlech net heeschen,  
datt de Service public keng Verbesserung  
bräicht. En ëffentlechen Dénsgscht muss sech  
regelméisseg verbessern, sech erneieren, sech  
un d'Evolutione vun der Technologie adap-  
téieren a virun allem un d'Evolutione vun der  
Gesellschaft, vun der eegener Bevëlkerung, déi  
zemoos hei zu Lëtzebuerg, vläicht souguer méi  
wéi an anere Länner ronderëm, hiert Gesiicht  
an deene leschten 30 Joer enorm verännert  
huet, gewuess ass an och méi jonk an dyna-  
mesch ginn ass.

Eng vun de Verbesserunge vum ëffentlechen  
Dénsgscht wor d'Unhuelen am Joer 2003 vum  
Gesetz iwwert d'Schafung vum Ombudsmann,  
also dem Mediateur tëschent der Administra-  
tioun an dem Administré oder dem Usager,  
dem Bierger; an ech mengen, et ass en Term,  
deen d'ailleurs vill méi appropriéiert ass wéi  
Client. Ech mengen, dat därff een och ni ver-  
giessen. An deen Éischten, deen dës Funktioun  
iwwerholl huet, wor deemools de Marc Fisch-  
bach, deen an där Roll richteg gewuess ass.  
Ech ka mech nach drun erënneren, als Journa-  
list hat ech deen Dossier och nach suivéiert.

Deen zweeten Ombudsmann, deen awer op  
kee Fall manner engagéiert ass a sech u sech  
och als Deputéierte fir d'Schafe vun dëser Stell  
engagéiert huet, ass d'Lydie Err, déi weiderhin  
Ombudsmann heescht, well den Term, wéi  
mer dat och schoonn d'lescht Joer erëm eng  
Kéier gesot hunn, op Schwedesch net „Mann“  
heescht, mä „geschlechtsneutral Persoun“  
heescht. An „Mann“, wa mäi Googletranslater  
richteg funktionéiert, op Schwedesch heescht  
„Människa“. Dat heescht, an deem Fall därff  
een ni vergiessen, datt et weiderhin „Ombuds-  
mann“ ass.

Wéi ech d'lescht Joer am Abrëll vereedegt  
gouf, konnt ech en cours de route d'Diskus-  
siounen iwwert de leschte Rapport vum Om-  
budsmann matkréien. An dat ware keng einfo-  
cher, zemoos net an der Institutionskommis-  
sioun, well d'Madamm Err eng ganz Rei vu  
Suggestiounen gemaach hat, déi natierlech och  
fir Diskussiounen gesuergt haten.

Dëst Joer huet sech de Bericht vun der Ma-  
damm Err op een Thema konzentréiert, an  
zwar dat vun der Kommunikatioun tëschent de  
Verwaltungen an de Bierger. Et wor en délibé-  
réierte Choix vum Ombudsmann, fir sech op  
een Thema ze konzentréieren haaptsächlech,  
deen et eis dann och erlaabt huet, eis mat dë-  
ser Fro méi déifgrënneg ze beschäftegen. Eng  
Rei Beispiller goufen dann och am Bericht er-  
nimmt, déi och an de respektive Kommissioun-  
en diskutéiert goufen an déi een och am Be-  
richt, deen ech hei virdroen, erëmfanne kann.

D'Iddi vum Ombudsmann mécht awer esou  
lues hire Wee. Am Ganze sinn am Joer 2015  
743 Reklamatiounen agereecht ginn. An do-  
vunner sinn der 483 clôturéiert ginn, wat  
heescht, datt nach 260 Dossieren an der Beaar-  
bechtung sinn. Dat ass eng beträchtlech  
Zomm, wann ee bedenkt, datt den Ombuds-  
mann iwwer relativ limitéiert Ressourcë ver-  
füügt.

Eng positiv Saach ass och déi, datt vun den  
ofgeschlossenen Dossieren de globalen Taux  
de correction relativ héich läit; fir genau ze  
sinn, op 80,86%.

Wann een awer méi an den Detail geet an  
d'Resultater ventiléiert, da stéisst een op  
gewëssen Diskrepanzen. Do, wou d'Media-  
tioun nach am meeschten nozehuelen huet,

ass bei der ADEM, wou dee schlechtesten Taux  
de correction feststellen ass, mat nëmme  
47%; an um Niveau vun de Gemenge bei den  
Urbanismusfroen haaptsächlech, wou den Taux  
nëmme 66% bedréit.

Dës Zuelen dierfen eis awer och net onbe-  
dénkt wonneren. Et ass jo kee Geheimnis, datt  
d'Administratioun vun der ADEM eng Reform  
gebraucht huet, déi schoonn eng Zäit pendant  
war. An op Gemengenniveau ass d'Problem-  
atik déi, datt et keng zentral Administratioun gëtt,  
mä esou vill, wéi et Gemenge gëtt. An do  
hängt et natierlech vun der Capacitéit a vum  
Volume vun enger Gemengenadministratioun  
of, mä och deemno wéi vum gudde Wëllen  
oder richtige Versteedsdemech vum Rôle vun  
der Mediation.

Am Bericht vum Mediateur ginn och an deem  
Fall och Dossieren ernimmt, wou d'Kommuni-  
katiounen tëschent Buergermeeschter an Om-  
budsmann net ëmmer klappen. Natierlech  
ginn déi ernimmt, wou et net klappt. Et sinn  
och Fäll, wou et klappt. Mä ëmmerhin. Mä dat  
ass natierlech schued, well et kengem weider-  
hëlleft, well et och d'Litig vläicht kéint léisen,  
ier et viru Gericht geet an, deemno wéi, ier  
d'Gemeng vläicht deemno wéi veruerteelt gëtt.  
Dat sinn déi méi onerfreelech Säite vum Be-  
richt.

Allerdéngs mierkt een awer och, datt d'Be-  
reetschaft an der Fonction publique, fir ze-  
summen no der Léisung vun engem Problem  
ze sichen oder fir e Mëssverständnis aus dem  
Wee ze raumen, ëmmer méi grouss gëtt. Dat  
ass déi richteg Astellung, well ëmmer méi ver-  
stane gëtt, datt de Mediateur - fir et elo krass  
auszedrécken - keen Emmerdeur ass oder Em-  
merdeuse, mä eng Hëllefstell souwuel fir de  
Bierger wéi och fir d'Verwaltung.

Vill Fäll, déi am Bericht opgezielt ginn, weisen  
op Problemer hin, déi duerch eng besser Kom-  
munikatioun wahrscheinlech net entstane wie-  
ren. De Beamten ass net de Virwurf ze maa-  
chen, datt se an där Sprooch kommunizéieren  
oder souguer kommunizéiere sollen, déi hinne





virgeschriwwen ass. Am Prinzip hu se och konform zu de Gesetzer oder Reglementer gehandelt.

An da gëtt et natierlech deem Adage: Nul n'est censé ignorer la loi. Wéi mir all awer wëssen, ass et eng reng formal Wourecht, déi sech an der Realitéit, am Alldag net esou einfach ëmsetze léisst. Dovunner ofgesinn, datt d'Gesetzer och ëmmer eng gewëssen Interpretatiounsmarge hunn.

Wie vun eis souz och net schonn ze rätselen, wat een administrative Courier ganz genau mengt, wat ee wou ausfëlle soll a vläicht och firwat? Dofir ass et e groussen Défi fir d'Administration, de sproochlechen Ëmgang mat de Bierger ze reforméieren.

Dat wësse vläicht nach net vill Leit, mä dee Prozess ass amgaangen. D'Médiatrice huet sech scho mam INAP concertéiert a schonn déi eng oder aner Sëtzung ofgehalen, fir d'Fro vun der Kommunikatioun méi konkret ze behandelen. An et ass net einfach!

Et ass net einfach, well zwee Prinzipie matenee kollidéieren oder schéngen ze kollidéieren: engerssäit de Prinzip vun der administrativ juristescher Korrektheet, déi eng Kommunikatioun am Schrëftleche muss respektéieren, well e juristeschen oder administrative Flou ka schwéier Konsequenze souwuel fir de Bierger wéi och fir den ëffentlechen Dëngscht selwer hunn; anersäits de Prinzip vum Verständnis a vun der Novollzéibarkeet vun der Kommunikatioun fir en Normaltierflechen, dee mir all sinn. Well wann déi Kritären och net respektéiert ginn, da kann et genausou gutt zu schwéiere Konsequenze komme fir de Bierger oder den ëffentlechen Dëngscht.

An als kleng Anekdot: De Summum vun der Onkloerheet vun der administrativer Sprooch ass zum Beispill beim Conseil d'État, deem franséischen - net deem lëtzebuergeschen; deem franséischen -, erreecht ginn. Deem seng Décisiounen sinn traditionell an esou verklausuléiert franséisch redigéiert, datt de Conseil d'État selwer en hausinternen Iwwersetzungs-dëngscht huet, fir datt seng Décisiounen och richtig interpretéiert ginn.

Also, mir versichen elo, de Géigendeel ze maachen. Et ass also eng Erausforderung fir eis Administratioun, fir dee Wee ze goen, fir eng verständlech, ma trotzdeem kloer Sprooch ze fannen, fir mat de Bierger ze kommunizéieren. Et ass eng Erausforderung, mä si ass net onméiglech. Aner Länner op der Welt sinn dee Wee scho gaangen. An dofir kënnen mer eis schonn op Erfarungen aus dem Ausland stäipen. Dat ass notament de Fall vun der Belsch, vu Frankräich oder vu Kanada.

Et gëtt och den hollännesche Professor, den Alex Brenninkmeijer, dee Member ass vum Europäesche Rechnungshaff an deem Ombudsmann vu sengem Land war. E schwätzt vu véier Prinzipien, déi dobäi gëlle mussen: Kloeerheet, Genauegkeet, Personaliséierung a Concisioun. Dat ka sech ganz konkret ausdrécken: E personaliséierte Brëif, deem direkt de Problem oder d'Uleies uschwätzt, fir datt de Lieser net brauch déi verklausuléiert administrativ Sprooch ze iwwersetzen. A wann zum Beispill den Ofsender sech op e Gesetz oder e Reglement stäipe muss, da soll deem dann net tel quel esou ofgedréckt ginn, mä nëmmen dee wichtegen Deel. An dann, wa méiglech, och esou gedréit, datt et verständlech ass.

Ech hu virdru Frankräich, d'Belsch a Kanada ernimmt. An deene Länner gouf zum Beispill och e Lexikon entwéckelt vun administrativen Termen. An dee Lexikon schléit de Beamten dann och brauchbar Synonymen vir, déi se benotze kënnen an déi dann och méi verständlech sinn.

Wéi mir et all wëssen, beschränkt sech d'Kommunikatioun tëscht der Verwaltung an de Bierger net nëmmen op Brëifpabeier, mä déi informatesch Kommunikatioun hält ëmmer méi zou. Dat vereinfacht natierlech immens vill Saachen; et kann och d'Prozesser beschleunegen. Mä mir deelen och d'Meenung vum Ombudsmann, datt eng Gefor an der totaler Informatiséierung vun der Kommunikatioun besteet an datt weiderhin de mënschleche Kontakt mat den Agente vun der Verwaltung muss bäibehale ginn.

Här President, ech sinn och glécklech, datt mer dëst Joer Neel mat Käpp maachen, wéi et esou schéin heescht. Ech wëll natierlech vum Guide des bonnes pratiques administratives schwätzen. Dat ass souzosen den Dauerbrenner zanter Joren, wat net nëmmen en Uleies vun der Madamm Err ass, mä och schonn eent vun hirem Virgänger, dem Här Fischbach. Den éischte Schratt an dës Richtung gouf scho vum EU-Par-

lament am Joer 2001 geholl, deem eng Resolution ugeholl huet fir e Code européen de bonne conduite administrative, deem och spéiderhin zum Beispill tel quel iwwersat gouf vum Land Rheinland-Pfalz.

Mir sollen haut eisen eegene Wee goen an en eegene Code unhuelen, deem aus 26 net komplizéierten an och net bürokrateschen Artikelen besteet. Am Joer 2012 hat d'Médiatrice an hirem Recommandatioun Nummer 49 d'Unhuelen duerch d'Regierung vun dësem Guide virgeschloen. Et ass oft diskutéiert ginn. Mä bis elo ass näischt Konkretes an deem Sënn geschitt. Dat ännert elo.

An enger Sëtzung vun der Petitiounskommission a Präsenz vun der Médiatrice ass dee Punkt diskutéiert ginn. A mir hu gemengt, datt mer am Kader vun dëser Debatt eng Motioun géifen déposéieren, déi d'Regierung géif alueden, dee Kodex unzuhuelen, eng Motioun, déi natierlech och vu sämtleche Fraktiounen a sämtleche Sensibilitéite gedroe gëtt. An ech soen an deem Sënn och jiddwerengem Merci.

Wann ech gelift, Här President.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- vu la recommandation n°49 de l'Ombudsman relative à l'introduction d'un Guide des bonnes pratiques administratives dans la fonction publique se basant sur le Code européen de bonne conduite administrative approuvé par le Parlement européen;*

*- reconnaissant la nécessité pour l'Administration de se doter de principes ayant pour objectif:*

- *d'établir des lignes de conduite permettant d'orienter les agents des administrations dans leurs relations avec le public,*

- *de faire connaître aux administrés les normes administratives qu'ils sont en droit d'attendre des administrations, et*

- *de servir de référentiel au Médiateur dans l'appréciation du caractère ou non des réclamations qui lui sont soumises;*

*- rappelant qu'un projet de Guide des bonnes pratiques administratives a été élaboré sous le Gouvernement précédent;*

*- rappelant que dans la déclaration sur le programme gouvernemental de 2013, le Gouvernement a annoncé de mettre en œuvre un code de bonne conduite administrative,*

*invite le Gouvernement*

*- à adopter le Guide des bonnes pratiques administratives dans la fonction publique tel que défini dans la recommandation n°49 de l'Ombudsman.*

(s.) David Wagner, Gast Gibéryen, Max Hahn, Cécile Hemmen, Marco Schank, Roberto Traversini.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Villmoos Merci.

► **M. David Wagner (déi Lénk), rapporteur.**- Emsou méi positiv war et och, wéi de Minister fir den ëffentlechen Dëngscht, den Dan Kersch, an der Sëtzung vun der Kommission vum ëffentlechen Dëngscht, wou den Ombudsmannbericht diskutéiert gouf, matgedeelt huet, hie wëllt och dëse Wee dëst Joer nach aschloen.

Här President, d'Petitiounskommission féliciteert dem Minister fir deen Engagement. An deem Sënn misste mer, mengen ech, keng gréisser Problemer hunn, fir dës Motioun unzuhuelen, déi elo déposéiert gëtt an, wéi gesot, déi jiddwereen hei ënnerstëtzt.

Här President, et ass net fir näischt, datt d'Unhuele vun deem Guide eng gewëssen Zäit gebraucht huet. Et hu Retizenzen op verschiddenen Niveaue bestanen, déi deelweis och verständlech waren oder sinn: Éischstens, well innerhalb vun der Administratioun d'Suerg bestanen huet, esou e Guide géif se an hiren Aarbecht aschränken. Ech mengen awer, datt dës Suerge sech an der Tëschenzäit geluecht hunn. Zweetens war et net ëmmer kloer, inwiefern dee Guide rigid oder onflexibel wier.

Dofir ass et jo och e Guide a kee Reglement an nach manner e Gesetz, dat bei all Ännerung entweder duerch de Regierungsrot respektiv duerch d'Chamber goe misst. Wéi den Numm et seet, et ass e Guide, dee sech am Laf vun der Zäit adaptéiere léisst, verbessere léisst an och oppen ass fir Virschléi.

Här President, wa mer scho vun deem Guide des bonnes pratiques administratives esou vill schwätzen, erlaabt mer dann, och e puer Beispiller ze ginn, fir datt et net ze vill abstrakt kléngt. Ech wäert elo net all eenzelnen Artikel virlesen; keng Angscht! Mä vill Saachen d'ailleurs kléngen u sech selbstverständlech a ginn elo schonn esou applizéiert; mä net ëmmer!

Den Artikel 5.3 zum Beispill séichert, datt kee Bierger opgrond vu sengem Geschlecht, sen-

ger Origin, senger Hautfaarf, senger Relioun an esou weider soll diskriminéiert ginn.

Den Artikel 13 rappeléiert, datt all Bierger e Recht huet, eng Antwort ze kréien an enger vun den dräi offizielle Sproochen, dat heescht Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch.

Den Artikel 14 ass net onwichtig, well e festschreift, datt all Bierger innerhalb vun zwou Wochen d'Recht huet op en Accusé de réception, wann et net méiglech ass, innerhalb vun dësem Zäitraum eng adequat Antwort ze kréien.

Donieft gesäit den Artikel 18 awer och vir, datt, wann de Beamten zwar verpflichtet ass, eng Entschëddung ze motivéieren, hien awer och d'Recht huet, dem Bierger matzedeelen, datt, wann et zäitlech net méiglech ass, an enger gewëssener Zäit eng Entschëddung ze motivéieren, hien dat zu enger spéiderer Zäit maache wäert.

Den Artikel 15 ass och net oninteressant. Dee schreift näamlech vir, datt e Service sech verpflichtet, eng Demande un deen eigentleche Service weiderzeleeden, respektiv informéiert de Bierger, datt deem seng Demande vläicht net komplett ass oder feelerhaft ass.

Am Bericht vum Ombudsmann hu mer och gesinn, datt d'Bierger oft léséiert wore wéinst administrativen Onkloerheeten, wat dann zu géigesäitegem Frust féiert, souwuel säitens vum Bierger wéi och vun den implizéierte Servicier, wann et net souguer zu gerichtleche Prozedure féiert, wou keen eppes drun ze gewannen huet.

Här President, dëst Joer huet sech de Bericht vum Ombudsmann op d'Fro vun der Kommunikatioun konzentriert. Dobäi koum den Dauerbrenner Guide des bonnes pratiques administratives, deen an engem gewëssene Mooss mat der Kommunikatioun zesummenhänkt.

Mir hunn awer och als Petitiounskommission gemengt, an dat steet och als drëtter Punkt an eise Konklusionen, och wann d'Médiatrice et an dësem Bericht net thematiséiert huet, datt een d'Diskussionen an d'Debatten, déi d'lescht Joer gefouert goufen iwwer eng eventuell Reform vum Gesetz vun 2003, deen den Ombudsmann organiséiert, net dierft vergiessen.

Mir sinn eis bewosst, datt all déi Punkten net onbedéngt konsensfäeg si respektiv keng oder schwéier eng Majoritéit fanne géifen. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen duerch eng Proposition de loi déi Punkten opzegräifen, wou Verbesserungsméiglechkeete bestinn.

Do gëtt et net onwesentlech Punkten, wéi zum Beispill eng méiglech Erweiderung vun de Kompetenzen vum Ombudsmann zu all Service, deen eng Mission de service public huet, oder d'Méiglechkeet fir den Ombudsmann, sech selwer an engem Fall ze saiséieren, also den Droit d'autosaisine, oder souguer en Untersuchungsrecht anzeräumen. Et wier och d'Geleeënheet, e puer Punkten ze clarifiéieren a Saache Personal a Verwaltung vum Budget.

Wéini esou eng Reform stattfanne kéint, iwwert déi Agenda hunn ech weéneg Handhab, well esou eng Décisioun jo majoritär misst getraff ginn. Mä ech mengen, an do schwätzen ech a mengem eegenen Numm, et wier gutt, datt deen Toilettage allerspéitstens bis 2020 geschéie géif, also ier en neit Mandat vum Ombudsmann géif ufänken. Mä wann et schonn an dëser Legislaturperiod méiglech wier, tant mieux. Ech mengen, datt mer nach d'Geleeënheet kréie wäerten, déi Diskussionen innerhalb vun der Petitiounskommission ze féieren.

Här President, ech wollt nach e puer Wieder verléieren, awer dës Kéier a mengem Numm an net méi als Rapporteur. Ech sinn et jo als Oppositionsdeputéierten net esou gewinnt, e Bericht ze erstatten. Ech muss soen, ech mengen och net, datt et deemnächst erëm wäert geschéien.

(Hilarité)

Net an dëser Legislaturperiod.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir hutt dat awer bis elo esou gutt gemaach!

► **M. David Wagner (déi Lénk), rapporteur.**- Ma wann Der wëllt, kann ech et vill méi oft maachen.

(Hilarité)

Dat gëtt komplizéiert. Ech wäert och net méi vill derzou soen, well ech muss soen, datt meng Schizophrenie net esou wäit geet, datt ech elo de Géigendeel géif behapte vun deem, wat ech bis elo gesot hunn, an datt ech u sech och d'Konklusionen, mat deenen ech awer eppes ze dinn hunn, total deelen.

An ech muss soen, datt et relativ flott gelaf ass. Dobäi muss een awer och betounen: Dëst Joer, op jidde Fall, ware weénege Reibungsflächen do.

(Interruption)

Dat dierft Der.

Dovunner ofgesinn, muss een och soen, datt d'Aarbecht an der Petitiounskommission u sech méi spannend ass, wéi ech mir et ursprénglech virgestallt hat.

Ech wollt awer och e klengen Denkestouss lassginn a mengem perséinlechen Numm. Dat läit mer e bëssen um Häerz. Iwwer Woche si mer dovunner ausgegangen, datt dës Bericht u sech och eréischt d'nächst Woch géif ofgehele ginn. Et dierf ee jo net vergiessen, datt deen tributaire ass vun den Aarbechte vun anere Kommissionen.

D'lescht Woch gouf awer an der Conférence des Présidents décidéiert, dee Bericht ëm eng Woch virzeleeën. Dat war kee gréisseren Drama, op jidde Fall net fir mech an och net fir déi aner Membere vun der Petitiounskommission. Ech ginn awer och ze bedenken, datt nach aner Leit, oder zemoos eng Persoun, hannert dëser Aarbecht stiechen, an datt déi sech hir Aarbecht mussen organiséieren.

Et huet zwar exzellent geklappt, ganz gutt geklappt, mä mat engem gewëssene Stressfaktor, deen ee sech hätt kënnen erspueren. Dofir wëilt ech och der Conférence des Présidents dës Iwwerleeung mat op de Wee ginn, bei gréisseren Debatten notament esou eng Ännerungen an der leschter Minutt ze vermeiden.

A wann ech och nach derbäi sinn: Et muss generell eng Iwwerleeung stattfannen iwwert d'Personalpolitik. En iwwerflächleche Bléck kéint derzou leeden ze mengen, d'Aarbecht vun der Petitiounskommission, dat wiere Peanuts, do bräicht ee just Petitiounen unzuhuelen, déi erakommen. Et ass awer e bësse méi komplizéiert.

Vill Petitiounen kommen net a propperer Form eran. A ganz oft, amplaz se einfach ofzeschmetteren, och well mer mengen, datt een dem Bierger muss zevirkommen, kréien d'Pétitionnaire Verbesserungsverschléi gemaach, notament an der Formulatioun. Déi Aarbecht mécht eng Persoun, déi sech och nach ëmmer anere Kommissionen bekëmmere muss. An déi Aarbecht kritt ëmmer méi Poids, well déi elektroresch Petitiounen ganz beléift sinn.

A wa mer wëllen - an do si mer erëm beim Ursprongsthema, näamlech der Kommunikatioun tëschent dem Bierger an der Verwaltung oder den Institutionen -, datt dës Kommunikatioun verbessert gëtt, da muss mer eis déi mënschlech Moyene ginn, an och déi finanziell.

An dat wier dann och mäi Schlusswuert: Mat all deem, wat mir eis virhuelen, wat d'Vebesserungen och vun der Verwaltung ugeet, wat d'Rechter, awer och d'Verpflichtungen vun de Beamten ugeet, dat alles kréie mer net hin ouni konsequent Mëttelen an natierlech och ouni Austeritéit, seet de Vertrieeder, an deem Fall, vun déi Lénk.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wagner. An den éischten ageschriwwene Riedner ass de President vun der Petitiounskommission, den Här Marco Schank.

**Débat**

► **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech dem Kolleeg David Wagner, dem Rapporteur, e ganz, ganz grouse Merci soe fir deen exzellente Rapport, mëndlech an och schrëftlech, en huet et elo grad gesot, deen och huet missen a relativ kuerzer Zäit erstallt ginn. Emsou méi sinn ech frou iwwert déi 25 Säiten, déi et och a sech hunn, wou ee wierkelech am Detail kann noliessen, wat de Rapport d'activité 2015 vum Ombudsmann ausgemaach huet. An ech ginn och duerfir a menger Interventioun elo net op d'Detailer vun deemselwechte Rapport an, well mäi Virriedner, wéi gesot, dat explizitt gemaach huet a well et eben och am schrëftleche Rapport erëmfannen ass.

Erlaabt mer och a menger Interventioun, den Term „Ombudsmann“ ze gebrauchen. Mir hunn eis dorop géenegt, well et an eisen Aen och deen adequatesten Term ass, virun allem och, fir den Ennerscheed zu anere Mediationen, den Ennerscheed zu anere Mediateuren kloer an däitlech ze halen, den „Ombudsmann“, den David huet et och gesot, dat ee geschlechtsneutrale Begrëff ass, och wann et am däitschsproochege Raum heiansdo de Gebrauch vun „Ombudsrau“ gëtt. Nach si mer eis eens, datt dee Begrëff fir eis dee richtegen ass.

Zu Lëtzebuerg hu mir déi Institution Ombudsmann 2003 per Gesetz an d'Liewe geruff. A mir sinn eis, mengen ech, och allegueren eens hei





am Haus, datt déi Funktioun aus enger moder-  
ner Demokratie definitiv net méi ewechzed-  
en ass.

Allerdéngs, de Rôle vum Ombudsmann gëtt  
och no 13 Joer leider net, ech soen emol, vu  
jiddwerengem richteg verstanen oder net ëm-  
mer positiv interpretéiert. Wat séier bedauer-  
lech ass. An de Mediateur, wéi en am Gesetz  
vun 2003 heescht, ass eng Vermittlungshëllef  
an éischter Linn, wann een esou wëllt, déi ver-  
sicht, de Lien tëschent dem Administré, dat  
heescht de Biergerinnen a Bierger, op där  
enger Säit, an der Administratioun, op där ane-  
rer Säit, dat heescht den öffentliche Servicer,  
ze verbesseren.

An ech wollt awer ee Saz aus dem Gesetz  
vun 2003 zitieren, an zwar aus dem Artikel 4,  
wou virun allem d'Moyens d'action vum Mediateur  
beschriwwen ginn, deen, mengen ech, ee ganz  
wichtige ass. «Lorsqu'une réclamation lui pa-  
rait justifiée, le médiateur conseille le réclamant  
et l'administration et suggère toutes les recom-  
mandations à l'endroit du service visé et du ré-  
clamant qui lui paraissent de nature à per-  
mettre un règlement à l'amiable de la réclama-  
tion dont il est saisi.» An da kënnt, a mengen  
Aen, nach ee wichtige Saz do hannendrun:  
«Les recommandations peuvent notamment  
comporter des propositions visant à améliorer  
le fonctionnement du service visé.»

Ech mengen, datt dat wesentlech Sätz sinn aus  
dem Gesetz, wat mer jo awer wëllen adaptie-  
ren, wat och gutt ass, datt mer och dozou end-  
lech kommen. An ech géif dann och op dëser  
Plaz an an dësem Zusammenhang de Lien mat  
der Motioun maachen, déi de Kolleg David  
Wagner virdrun hei deposéiert huet. Meng  
Fraktioun steet hannert dëser Motioun, déi e  
Guide des bonnes pratiques administratives soll  
aféieren, no der Recommandatioun Nummer  
49 vum Ombudsmann.

An de Minister Dan Kersch huet, dat ass och  
gesot ginn, sech engagéiert, fir dës Joer där  
Recommandatioun do Rechnung ze droen.  
Vläicht kann de Minister eis herno matdeelen,  
wéi wäit d'Regierung an deem Dossier och ass.

Zënter senger Kreatioun hu méi wéi 10.500  
Biergerinnen a Bierger dem Ombudsmann  
Confiance gemaach, wann een esou wëllt.  
2015 sinn eng 343 Reklamatiounen erakomm,  
ronn een Drëttel huet eng Interventioun vis-à-  
vis vun der jeeweileger Verwaltung zur Folle  
gehat. An net manner wéi 82% vun de Fäll ass  
duerno eng ganz oder Deelkorrektioun vun där  
contestéierter Décisioun erreecht ginn. Dat  
Ganz, deemno och d'lescht Joer 2015, am In-  
térêt vu jiddwerengem an am Endeffekt och  
am Intérêt vun engem gudden Fonctionnement  
a méi Transparenz vu Stat a Gemengen.

Et ass deemno extrem wichteg, datt de Bierger  
Vertrauen a seng Administratioun huet. De  
Bierger bezilt jo och duerch seng Steieren  
deelweis fir ee Service, vun deem en erwaart,  
datt e fonctionnéiert, datt en effikass ass an  
datt et klappt.

Op där anerer Säit muss een natierlech Regeln  
an engem Stat hunn, déi theoretesch, dat ass  
virdrun och vu mengem Virriedner gesot ginn,  
jiddwerengem sollte geleefeg sinn. Déi Regele  
sinn awer ganz dacks an enger schwéierer, an  
enger schwéier verständlecher, fir net ze soen  
onverständlecher Sprooch geschriwwen, déi et  
dem Normalbierger a ville Fäll eigentlech bal  
onméiglech mécht, eng Décisioun um Pabeier  
nozevollziehen.

Een opgeklärte Bierger ass sécherlech nun  
eemol een, dee méi zefridden ass. An e schätzt  
seng Administratioun och sécher méi wéi ee  
Bierger, deen entsprechend Zweifel huet.

D'Administratiounen vu Stat a Gemenge kënnen  
natierlech och net jiddwerengem Einzelnen  
ëmmer am Detail an och an einfache Wieder  
erklären, firwat et dann esou ass. An och do  
huet den Ombudsmann eng wesentlech Auf-  
gab, dem Bierger ze hëllefen, dës oder déi Dé-  
cisioun hannerfroen ze goen. A wann déi kor-  
rekt ass, dem Bierger och a klore Wieder ze er-  
klären, firwat dës Décisioun a firwat keng aner.

An do si mer bei deem wesentleche Sujet och  
vum Rapport vum leschte Joer, nämlech deem  
vun enger verständlecher Kommunikatioun. An  
do bleift sécher nach relativ vill ze maachen.  
Well gutt a kloer kommunizieren, heescht  
nämlech kuerz Sätz maachen, einfach Begrëf-  
fer gebrauchen, konkret Explikatiounen ginn, an  
eng strukturiert Presentatioun, net ze vergies-  
sen. Ech hu mer, déi Zäit, wéi ech an der Re-  
gierung war, dacks d'Fro gestallt, ob et net  
awer noutwendeg wier, Formullen oder Formu-  
lairen, déi et zënter Jorzéngte gi sinn, ze  
iwwerdenken.

Ee klären onkomplizierte Langage drängt sech  
ëmsou méi op, well och een Deel vun der Lët-  
zeburger Populatioun - mir hunn net manner  
wéi 170 verschidden Nationalitéiten an dësem  
Land - net noutwendegerweis mat enger vun  
deenen dräi Amtssproochen eens gëtt. Duerfir

recommandéiert den Ombudsmann ënner ane-  
rem eng entsprechend Formatioun fir d'Be-  
dängschte vun de Verwaltungen an eben  
d'Aféierung vun dem Guide des bonnes pra-  
tiques administratives, dee mer jo elo a Form  
vun enger Motioun recommandéiert hunn.

Leider ginn et ëmmer och erëm Administra-  
tiounen, déi net gär oder ganz spéit op Ufroen  
vun dem Ombudsmann reagieren. A vläicht  
gesi verschidde Verwaltungen am Ombuds-  
mann éischter een, dee probéiert, hir Vir-  
geeënswies ze kritisieren, oder probéiert, just  
engem wëlle recht ze ginn, nämlech dem  
Bierger, wéi een Affektot. Esou ass et jo awer  
net. Dem Ombudsmann seng Aufgab ass et, ze  
versiche via seng Enquêtes och de Verwaltun-  
gen an de Gemengen ze hëllefen, datt d'Bier-  
ger hir Décisiounen, déi jo de manière générale  
op objektiven a juristeschen korrekten Argumen-  
ter basieren, besser kënnen novollziehen an  
datt hinnen dat Gefill ewechgeholl gëtt, si géi-  
fen ongerecht behandelt ginn oder d'Verwal-  
tunge géifen hir Aarbecht net uerdentlech  
maachen.

Här President, dowéinst och vun dëser Plaz en  
Appell un all öffentliche Verwaltung, un all Ge-  
meng, mam Ombudsmann esou effikass wéi  
méiglech ze kooperieren an och esou séier  
wéi méiglech ze kooperieren, an dës, wéi ge-  
sot, am Intérêt vu jiddwerengem.

Am Rapport d'activité vum Ombudsmann  
stoung dës Joer quasi näischt iwwert déi Serie  
vu Recommandatiounen, déi mer virun allem  
d'lescht Joer am Detail diskutéiert hunn,  
nämlech fir d'Gesetz vun 2003 ze adaptie-  
ren. Mir haten net manner wéi dräi Réunions  
jointes, dat heescht d'Petitionskommission  
mat der Institutionskommission, wou och  
Vertrieder vum Staatsministère derbäi waren an  
och den Ombudsmann selwer konnt deelhue-  
len. An am schréffleche Rapport vum leschte  
Joer kann een och d'Konklusiounen noliessen,  
och d'Konklusiounen vun eiser Fraktioun am  
Kontext vun där geplangter Ofännerung vum  
Mediateursgesetz vun 2003.

Här President, wann den Ombudsmann sech  
virun allem ëm d'Partikularinteresse vun de Leit  
dobaussé këmmert, ass dat net Instrument vun  
den öffentliche Petitiounen an eiser Chamber  
en effikasse Moyen, fir méi Biergerbedeelegung  
un de politeschen Décisiounen zouseloossen.  
Ee Moyen, deen iwwregens och vun dem Om-  
budsmann recommandéiert gouf.

Zwou Zuelen an deem Kontext: Déi öffentliche  
Petitioun gëtt et zu Lëtzebuerg zënter dem  
Abrëll 2014. Zënterhier, also a gutt zwee Joer,  
sinn net manner wéi 363 Petitiounen bei eis er-  
komm, dovunner iwwer 95% öffentliche  
an de Rescht sougenannt „pétitions ordinaires“.  
Als Vergläich dozou: Am Zäitraum tëschent  
dem Zweete Weltkrich an 2014, also an Zäit vu  
70 Joer, sinn der manner erakomm, nämlech  
nëmme ronn 330 Petitiounen. Dat weist, wéi  
am Fong deen neie Moyen, dat net Instrument  
dobaussé vun de Leit applizéiert gëtt.

Firwat ass dat esou? Ma éischstens ass et, well  
eng Petitioun erarechen immens einfach ginn  
ass, gewässermoosse per Mausclick. An zwee-  
tens ass et och d'Aussicht op en öffentlichen  
Débat. Dat heescht, datt ee seng Cause no  
bausse méi staark presentéiert kritt, wann een  
de Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften erreecht.  
Eben d'Aussicht, mat Deputéierten aus der  
Chamber, mat den zoustännege Ministeren  
oder Ministeschen zesummen ze diskutieren  
iwwer eng Cause respektiv och den Intérêt vun  
de Medien an deemselwechten Débat public  
an och eben d'Retransmissioun iwwer Cham-  
ber TV, dat ass eppes, mengen ech, wat d'At-  
traktivitéit vun der Petitioun ganz grouss ge-  
maach huet.

Selbstverständlech akzeptéiere mir an der Peti-  
tionskommission keng Petitioun, déi diskri-  
minierend oder beleidigend wier oder iwwer-  
haupt géif géint moraleschen Grundsätz verstou-  
sen.

Op där anerer Säit hu mer awer vum Inhalt hier  
bis elo eigentlech all Petitiounen ugeholl,  
akzeptéiert, bis op eng souguer alleguerten  
eestëmmeg. Dat heescht, Majoritéit an Opposi-  
tioun an der Kommission sinn deemno enger  
Meenung, datt de Bierger an d'Biergerin sollen  
duerch hir Ënnerschrëft decidéieren, wéi eng  
Petitioun sënnvollerweis soll en Débat public  
kréien. Well suivéiert gi se jo alleguerten, do  
mécht d'Petitionskommission keen Ënner-  
scheid. Eng Petitioun, déi erakënn, kritt eng  
Instruktioun a gëtt suivéiert. Mä wéi gesot,  
d'Leit dobaussen decidéieren, wéi wichteg datt  
se eng Petitioun huelen, ob se se esou wichteg  
huelen, datt se hei am Haus en Débat public  
fënnt.

An anere Wieder: Bei der Décisioun, wéi eng  
Petitioun recevabel ass oder net, bleift de  
partiepolitische Calcul dobaussen. An do,  
mengen ech, kann ee ganz houfreg sinn op déi  
Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach  
gëtt. An dat ass net an all Parlament d'selwecht;

well ech hunn e gudden Iwwerbléck doduerch,  
datt ee sech och regelméisseg ka mat anere  
Parlamentar an Europa kuerzschléissen, fir ze  
kucken, wéi déi dat maachen. An ech mengen,  
datt eis Virgeeënswies dem Petitionsrecht  
guttdeet, a wéi gesot, dorop kann een houfreg  
sinn!

Iwwregens, wann een all déi öffentliche Peti-  
tiounen, déi mer bis ewell kritt hunn, Revue  
passéiere léisst, da sinn déi Petitiounen, iwwert  
déi een de Kapp ka rëselen oder iwwert déi ee  
schmunzelt, dach awer éischter seelen.

Vun deene ronn 360 öffentliche Petitiounen  
aus deene leschte Joren hunn et der da 14 ge-  
packt, wéi gesot, de Seuil vu 4.500 Ënner-  
schreften ze knacken. An derbäi kënnt, an ech  
denken, datt ee keng Kaarteleeesch muss sinn,  
fir ze wëssen, datt an Zukunft méi Petitiounen  
d'Recht wäerte kréien, en Débat public hei  
stattfannen ze loosse, doduerch datt de Pa-  
beier därer addéiert ginn ënner enger Rei vu Vi-  
raussetzungen. Dat hu mer d'lescht Joer am Juli  
decidéiert an et mierkt een, datt dann och pro-  
béiert gëtt, dobaussen nach zousätzlech zu den  
elektronischen Ënnerschrëften um Pabeier där-  
selwechter ze sammelen.

Da kënnt e wichtigen Aspekt: An der Tëschen-  
zäit mierkt een déi lescht Méint, dat d'Medie  
systematesch Petitiounen opgräifen, souguer  
deelweis schonn am Virfeld, ier se online ginn,  
an d'Pétitionnaire virstellen, hir Cause presen-  
tieren. An ech denken, datt dat eben och hël-  
left, d'Promotioun vun därselwechter ze ma-  
chen, an datt dat natierlech och dem Pétition-  
naire Ënnerschrëfte bréngt.

Selbstverständlech spillen och d'sozial Medien  
hei eng wichteg Roll, a virun allem eben och,  
datt déi „kollektiv Petitiounen“, sou nennen  
ech se emol, éischter Succès hunn, besonnesch  
wann Organisatiounen wéi Gewerkschaften, wat  
mer jo regelméisseg hunn, sech hanner eng  
Petitioun stellen an doduerch och zousätzlech  
Ënnerschrëfte kommen.

Da wollt ech, Här President, zum Schluss awer  
op eng weider Stärkt vun eiser Kommission  
am Kontext vun de Pétitions publiques hiwei-  
sen - et ass schonn undeitungsweis gesot gi  
vum mengem Virriedner -, dat ass eigentlech  
dee ganz pragmatischen Dialog, dee mer,  
deene eist Sekretariat, dee mir mat de Biergerin-  
nen a Bierger während dem Petitionsprozess  
féieren. An och do sti mir am internationale  
Vergleich ganz gutt do. Op der Internetsäit vun  
der Chamber hunn d'Bierger nämlech Asicht  
a sämtlech Petitiounen, déi recevabel erkläert  
goufen. All Entscheedungsprozesser samt  
Schrëftverkeier an déi meescht Rapporte ginn  
do publizéiert a kann een noliessen.

Dann, während deene sechs Wochen, wou ee  
kann ënnerschreiwen, steet de Leit en Diskus-  
sionsforum zur Verfügung, wou all Eintrag  
och iwwerpréift gëtt. Do muss een derbäisoen,  
datt deen nëmme ganz, ganz wéineg profi-  
téiert gëtt. Mä dat huet wahrscheinlech och  
domat ze dinn, datt ee sech enregistriere  
muss.

Ënnert der E-Mailadress [petition@petition.lu](mailto:petition@petition.lu)  
bestee d'Méiglechkeet, Froen eranzeginn,  
awer och Reklamatiounen eranzeginn.

A wichteg ass, datt eist Sekretariat de Pétition-  
naire ganz konkret, an ech hu virdru gesot,  
ganz praktesch Ënnerstützung gëtt, zum Bei-  
spill Froen beäwert iwwert d'Prozeduren, sou-  
guer Leit hëlleft, déi net mam Computer gutt  
eens ginn, oder och, wann een an enger vun  
eise verschiddenen Amtssproochen net gutt  
eens gëtt. Och do kritt ee gehollef, an och bei  
all anere Froen, déi d'Leit un eis als Chamber  
hunn. An dat bréngt effektiv vill Aarbecht fir  
d'Sekretariat mat sech an do muss ee sech Ge-  
danke maachen, fir effektiv d'mënschlech  
Moyenen eropzesetzen, well ee soss iergend-  
wann awer komplett op der Felg dréit.

Ech selwer an och d'Kommissioun zesumme  
mam Chamberspräsident, mir sinn eis eens,  
datt mer fir den Hierscht eng Aart Bilan wëlle  
maachen, wéi wäit de Konklusiounen aus  
deene verschiddenen Débats publics - ech hu  
gesot, mir haten der 14 bis ewell -, wéi wäit  
deene Konklusiounen Rechnung gedoe gëtt,  
gedoe ginn ass an der Vergaangenheet vun  
der Chamber, mä virun allem awer och vu Re-  
gierungssäit, fir datt awer och de Pétitionnaire  
mierkt, datt, wa Konklusiounen zréckbehal-  
ginn, déi him hëllefen a senger Cause, datt déi  
awer och dann definitiv berücksichtig ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do-  
mat wollt ech meng Interventioun ofschléissen,  
net ouni awer dem Ombudsmann, der Ma-  
damm Lydie Err, e ganz, ganz grouse Merci ze  
soen, zesumme mat hire Mataarbechterinnen a  
Mataarbechter, fir déi vill Aarbecht an net ëm-  
mer einfach Aarbecht, déi an deem Service do  
geleescht gëtt.

An dann e besonnesche Merci awer och un eist  
Sekretariat, un d'Madamm Vera Haas, fir déi  
sëllechen Aarbecht, déi un hir hänke bleift. An

zum Schluss e Merci u meng Kolleeginnen a  
Kolleegen aus der Kommissioun fir dat exem-  
plarescht Mateneen, wat mer do zesumme  
leeschten.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci  
och dem Här Schank. An d'Wuert huet direkt  
d'Madamm Cécile Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här  
Präsident. Léif Vertrieder vun der Regierung, léif  
Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt emol och  
vu menger Säit aus e ganz härezeche Merci fir  
deen exzellente schréfflechen a mündleche  
Rapport vum Här David Wagner.

Merci och der Madamm Haas vun dëser Plaz  
aus fir hiren onermiddlechen Asaz an eiser Peti-  
tionskommission. An ech schlësse mech  
selbstverständlech och dem Wonsch un, deen  
den Här Wagner hei ausgedréckt huet, dass  
dee Service vun der Madamm Haas, wou si jo  
quasi eleng fungéiert de Moment, personell  
sollt opgestockt ginn an Zukunft, well un Aar-  
becht feelt et wierklech net.

Komme mer bei de Rapport, iwwert deen ech  
haut elo wäert schwätzen am Numm vu  
menger Partei. Et kann een et gläich viwech-  
huelen: De Bilan vun dem Ombudsmann ass  
ganz positiv mat 80% vun den Affären, déi clô-  
turiert goufen. Mä wa mer eis awer elo de  
Rapport, dee 57 Säite laange Rapport vu méi  
no ukucken, da sinn et emol, fir unfänken,  
op deenen éischte Säiten déi detailléiert Statis-  
tike mat engem zimlech detailléierten Zuele-  
material, op dat ech elo net wäert agoen,  
meng Virriedner hunn dat scho gemaach. An  
am zweeten Deel, do sinn et awer éischter déi  
méi konkret Fäll, also d'„cas pratiques“, wéi  
d'Madamm Err se nennt a wéi se och do be-  
schriwwen sinn.

Hei ass eigentlech och elo näischt Alarmantes  
ze vermelden, och wa fir déi Betreffen natier-  
lech déi eng oder aner Affär vun enger grou-  
ser Wichtigkeet ka sinn. Allerdéngs sinn et  
awer och hei am Groussen a Ganzen Eenzelfäll,  
vun deene rieds geet.

Et kann een och soen, dass een opgrond vun  
dësem Rapport zur Konklusioun ka kommen,  
dass eis Lëtzeburger Gesellschaft nach ëmmer  
privilegiert ass. An et brauch een awer net  
ganz wäit kucken ze goen, fir awer festzestel-  
len, wéi fragill de soziale Fridde ka sinn. En  
trauregt an och e ganz erschreckend Beispill  
waren déi fuerchtbar Débaten, jo, souguer de  
Mord un der britescher Deputéierter Jo Cox am  
Kader vun den Diskussiounen ronderëm de Re-  
ferendum an England. De Respekt vun de Mën-  
scherechter, jo, eigentlech och de Respekt  
virun engem vereenten Europa sinn hei man-  
ner wéi eidel Wieder!

Ech huelen och elo e bësselchen aus. Ech er-  
labe mer dat, well ech gären op dëser Plaz dat  
weiderginn, wat déi Europäeschen Ombuds-  
mann, d'Madamm Emily O'Reilly, gesot huet  
op der Konferenz vun dem European Network  
of Ombudsmen zu Bréssel elo am Juni dës  
Joer. Si huet gesot: „Et ass einfach, Mediateur  
ze sinn, wann d'Zäite gutt sinn, wann d'Ekono-  
mie gesond ass, wann d'Regierung stabil ass a  
wann et keng Kricher ginn, déi jo mat sech  
bréngen, dass d'Leit hire Besëtzer verléieren,  
hiert Land mussen verlossen an ëm hiert Liewe  
musse fäerten.“ „An esou gudden an an esou  
friddlechen Zäiten“, seet d'Madamm O'Reilly,  
„schaffe mer mat Lichtegkeet an engem Envi-  
ronnement, wou eis Missiounen an och eis Re-  
commandatiounen voll a ganz akzeptéiert ginn.  
Mir kënnen eis félicitéiere fir eis Effikassitéit an  
och eis Autoritéit, an dat, well jiddweree bereet  
ass, d'Spillregelen anzehalen. A schlechten  
Zäite kënnen dës Spillregelen awer änneren. An  
d'Recommandatiounen, déi normalerweis gutt  
ukomm sinn, déi ginn dann ignoréiert, refu-  
séiert oder se ginn a Fro gestallt.“

Ech kommen awer elo zréck op Lëtzebuerg,  
zréck bei de Rapport vun den Aarbechten an zu  
eiser Ombudsmann. Och wann et keng Re-  
commandatiounen ginn, esou huet si awer net  
manner wéi siwe Suggestions d'ordre pratique  
formuléiert.

Stéchuert „Guide des bonnes pratiques“, vun  
deem och schonn hei rieds gaangen ass: Zan-  
ter dem Traité vu Lissabon, zanter dass deen  
am Dezember 2009 a Kraaft getrueden ass,  
huet d'Charta vun de fundamentale Rechter  
dëselwecht Valeur juridique wéi d'Traitéen. Dat  
heescht also, dass all Biergerinnen a Bierger  
vun der Europäescher Union d'Recht hunn op  
eng gutt Verwaltung. An deem Sënn soll dann  
och de Guide vun de bonnes Pratiques net als  
en Instrument ugesi ginn, wat d'Aarbechte vun





dem Service aschränkt duerch restriktiv a juristeschen Direktiven, mä just grad, wéi den Numm et och seet: Et ass e Guide! Dohier sollten d'Servicer vun de Verwaltungen dësse Guide betruechten als en Hëllefsmëttel, fir sech ze verbesseren a fir d'Qualitéit an och d'Effektivitéit vun hirer Aarbecht ze promovéieren.

Dësse Guide soll och en Akzent setzen op d'Integritéit, den Dëvouement an och d'Afillungsverméigen, eigentlech alles Eegenschaften, déi och elo schonn eng grouss Majoritéit vun de Beamten hunn, déi am Alldag am Kontakt si mat de Bierger, mat den Entrepreneuren oder awer och soss Vertrieeder vun Instanzen.

Et bleift ze hoffen, dass et sech hei ëm e ganz praktesche Guide handele wäert, deen d'Prozedur gutt definéiert an erklärt an deen déi praktesch Etappe beschméiglech explizéiert, fir dass d'Décisions an de Verwaltungen an aller Transparenz an och verantwortungsvoll kënne geholl ginn.

Wat awer elo d'Kommunikatioun vun de Verwaltungen ugeet, esou sinn ech der Meenung, dass grad hei dee gréissten Challenge läit. Et geet net onbedéngt ëm d'Elementer vum Contenu, mä drëms, dass d'Erklärunger kloer an einfach solle sinn, an och, dass d'Biergerinnen an d'Bierger d'Messages a verschidde Sproochen sollte kréien. Et geet also schonn drëms, wat ee vermëttelt, mä méi wichteg nach ass et, wéi een et vermëttelt.

Dofir wëllt ech och drop hiweisen, dass d'LSAP dës Initiativ ganz proaktiv ënnerstëtzt an dofir d'Motioun och matdroe wäert, déi Dir, Här President, vum Rapporteur iwwerreecht kritt hutt.

Wat elo d'Erweiterung vun de Kompetenzen vum Ombudsmann ubelaangt, esou ënnerstëtzt d'LSAP iwwregens och de Fait, dass d'Institution vum Mediateur iwwer eng Proposition de loi soll reforméiert ginn. An esou kann ech lech op dës Plaz och matdeelen, dass d'LSAP der Iddi guttgesënnt ass, dass d'Institution vum Mediateur hir Plaz an der Verfassung huet.

Dës Institution huet hir Preuvë gemaach an der Gesellschaft an d'Verankerung an der Verfassung wäert eng Protektioun an och eng Stabilitéit garantéieren. Doriwwer eraus ass et och eng Unerkennung fir déi positiv Aktiounen am Sënn vun der Verbesserung vun eiser Gesellschaft.

Gäre wëllt ech awer och op e Fait agoen, deen d'Médiateure e bësse beonrouegt, well si der Meenung ass, dass hire Rôle ënner Ernstänn net ëmmer gutt verstanen ass. Dohier dann och d'Décision, déi se zesumme mat dem Minister vun der Fonction publique an och dem President vum Syvicol geholl huet, fir regional Versammlungen ze organiséieren. Hei soll de Gemeinverantwortelech bäibruecht ginn, dass d'Ombudsmann net den Affekt vum Bierger ass, mä de Promoteur vun enger gudder Verwaltung an de Vermëttler an der Kommunikatioun tëschent dem Bierger an der Verwaltung.

A wann een elo considéiert, dass eng gesetzlech Reform virgesinn ass grad ewéi d'Verankerung an d'Verfassung, esou kann een elo scho soen, dass alles an allem d'Institution Ombudsmann predestinéiert ass, fir eng attraktiv Institution ze ginn.

Gradesou positiv, wéi déi gutt Resultater et bis elo ausgewisen hunn, kann een deemno och an d'Zukunft kucken. Nei Iddien an den Austausch vun de bonnes Pratiques deiten op e Striewen no Gläichheet a Gerechtegkeet.

De Résumé an och den Haaptmessage kéint een eigentlech am faméise Prinzip „KISS“ gesinn, also „keep it simple, stupid“ oder besser „keep it short and simple“. A keen anere wéi de Leonardo da Vinci huet gesot: „D'Ver-einfachung ass déi héchste Vollendung.“ Mir wënschen lech, Madamm Err, an Ärger ganz dévouéierter Equipe e gudder Wee dohinner, desto méi, wou d'Jalone jo scho gesat sinn.

E grouss Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - „Klima vu Vertrauen“, „berouegt“, „nogelasschert gefillt“, „Engagement“, „vill-, villmools Merci“: Dat, Här President, si Wieder aus dem Service vum Ombudsmann an Témoignagen, mat deenen de Rapport d'activité 2015 ufänken.

D'Unzuel vun de Reklamatiounen huet eis jo säit dem Schafe vum Ombudsmann 2003

gewisen, dass et sech hei ëm ee Service handelt, deen de reelle Besoinen entsprécht.

Ech fannen et ganz interessant a léierräich, d'Mataarbechter, Verwaltungen a Bierger an deem Rapport, wann och nëmme kuerz, zu Wuert komme gelooss ze hunn. 743 Reklamatiounen, dat ass eng Hausse vun 8% am Verglach zum Joer virdrun. A wéi ech scho virdru sot, ënnersträicht dës héich Zuel engersäits d'Daseinsberechtigung vum Ombudsmann, anerersäits weist eis dës Zuel och, dass an de Relatiounen tëschent de Verwaltungen an dem Bierger nach laang net ëmmer alles esou klappt, wéi mer dat vläicht alleguer gären hätten.

Dës Rapport huet de Verdéngscht, an dat besonnesch a senger zweeter Partie, eng ganz Rei Beispiller vu Reklamatiounen opzezielen an och ze verdeiwen. Dës Beispiller hunn an enger ganz grousser Majoritéit eppes gemeinsam: Den Ursprung vum Problem louch ganz oft bei der Kommunikatioun, oder villméi bei der schlechter Kommunikatioun! D'Demokratesch Partei begréisst dofir, dass de Rapport 2015 eng Realitéit uschwätzt, déi queesch duerch all d'Verwaltungen geet, sief dat um nationalen Niveau oder och um Gemengenniveau.

Vill Beispiller am Rapport hu kloergemaach, dass et ganz oft un enger onkompletter oder net kloer verständlecher Informatioun vun der Verwaltung läit, dass de Bierger sech un den Ombudsmann gewannt huet.

Wann am schrëftlechen oder am mündlechen Austausch mat enger Administratioun vläicht net all d'Elementer erwäant ginn, déi zum Beispill néideg sinn, fir eng Prozedur an d'Weeër ze leeden, da kann de Bierger doduerch oft eng Entscheedung nëmme schlecht oder guer net novollzéien.

Esou e Fall gëtt zum Beispill am Rapport ënnert der Rubrik „Fiscalité“ ugeschwat. Ee Reklamant hat dem Steuerbüro virgeworf, hien net matzäiten iwwer eng zousätzlech néideg Démarche informéiert ze hunn. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob et um Beamte war, de Bierger iwwer eng Dispositioun ze informéieren, déi net direkt ënner seng Kompetenz fält; anerersäits kann ee sech awer och d'Fro stellen, ob an deem Fall d'Citatioun vum Gesetzesartikel eleng ausreichend gewiescht wier.

En äänleche Fall gouf et um Niveau vun der ADEM, an zwar beim Zréckbezuale vu Formationen an Käschten fir Demandeurs d'emploi. D'Formationen goufen net zréckbezuelt, well entweder d'Demande ze spéit agereecht gouf oder d'Formation iwwer engem gewëssene Montant louch. Hei sollten d'Leit net driwwer informéiert gewiescht sinn, soss hätte si dës Formationen net ugefrot an och méiglecherweis guer net gemaach.

Well et jo verschidde Konditiounen gëtt, ob d'Formation op Initiativ vum Demandeur d'emploi gemaach gëtt oder vun der ADEM verlaangt gëtt, an et an der Vergaangenheet do oft zu Missverständnissen koom, huet d'ADEM reagéiert. D'ADEM huet den Informationsbrëf deementspreechend ugepasst a vervollständegt. De Mangel an der Prozedur, deen op deen éischte Bléck vläicht net esou kloer erkennbar ass, well e sech individuell manifestéiert, konnt dank dem Ombudsmann opgedeckt ginn an am Dialog mat der ADEM och opgehuewe ginn.

Béid Partië profitéieren hei dervun: De Bierger gëtt am Virus opgeklärt, soudass et duerno net méi zu Contestatiounen kënnt, déi op mangelnd Informatiounen zréckzeféiere wieren; d'Verwaltung spuert dann nees eng ganz Partie Erklärungen.

Här President, d'Kommunikatioun muss net just komplett sinn, mä se muss och kënnen an enger einfacher Sprooch formuléiert ginn. Hei-bäi geet et net drëms, simplistesche ze ginn, mä komplizéiert Saache besser ze erklären, fir dass se och besser verstane ginn. Dat héiert sech vläicht méi einfach un, wéi et a Wierklechkeet ass. En Text muss awer méi verständlech ginn, ouni awer déi juristeschen an administrativ Dimensionen ze verléieren.

Fir Bierger, déi näamlech net am Alldag mat juristeschen Termen ze dinn hunn - an dat ass jo meeschtens op Franséisch -, stelle Bréiwer aus Verwaltung grouss Erausforderungen duer. Ech denken do besonnesch un déi 170 Nationalitéiten, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, fir déi dat vläicht nach e besonneschen Défi ass. D'Demokratesch Partei deelt d'Meenung vun der Médiateure, dass et dofir och bei den Administratiounen wichteg ass, sech an hirer Kommunikatioun mat dem Bierger an deem Punkt unzupassen.

Ech gesinn dat och an engem méi large Kontext, an zwar deem vun der Biergerbedeelegung, déi menger Fraktioun ganz besonnesch um Häerz läit. Méi eng einfach Sprooch kann et erméiglechen, de Gruet, deen et tëschent de Bierger an dem Statsapparat gëtt, méi kleng ze maachen.

Mir wëssen et jo allegueren: D'Politik huet an deesen Zäite keen einfache Stand. An ech denken, dass de Gebrauch vun enger Sprooch, déi wäit vun där vum Bierger a sengem Alldag ewech ass, net wierklech déi Verdrossenheet berouegt.

De Résumé vum kanadeschen Text «rédiger... simplement» weist eis, dass de Gebrauch an d'Applizéiere vun enger „einfacher“ Sprooch net esou vun der Hand geet, an dass et do Regeln a Richtlinnen ginn. Dofir deelen ech och d'Approche, dass den INAP esou Coursé fir d'Beamte kéint ubidden. Net fir all Beamten ass esou e Cours nützlich, mä ech denken do zum Beispill un déi Leit, déi am direkte Kontakt mat de Bierger sinn, wéi zum Beispill an engem Accueil. Oder et kéint ee sech virstellen, dass de Chef de service an dës Formation geif goen an dat dann „en interne“ an op de Kontext ugepasste Richtlinnen deementspreechend kéint fir säi Service ausschaffen.

(**Mme Simone Beissel prend le présidence.**)

Madamm Presidentin, de Gebrauch vun enger klorer Sprooch gehéiert och zu deene sougenannten „bonnes pratiques administratives“. Ee Guide vun dësen Verwaltungspraktiken ass jo och en Thema, wat ëmmer erëm opkënn, wéi zum Beispill am Kader vum Règlement grand-ducal vun de Règles déontologiques de la fonction publique, deen déi wichtegst Valeuren, wéi d'Neutralitéit, d'Loyalitéit an esou weider, festleet.

Wéi et an der Recommandatioun Nummer 49 iwwer esou e Guide stoung, feelen awer nach ëmmer Evaluationskritären. Déi si wichteg fir eng objektiv Bewäertung. Och dëst Joer war de Guide nees e Sujet. An deem Sënn ënnerstëtzt d'DP d'Motioun, déi unanime an der Petitionskommission ugeholl ginn ass an déi d'Regierung derzou opfuerdert, de Guide des bonnes pratiques auszuschaffen.

Madamm Presidentin, de Rapport vun der Petitionskommission geet och zum Schluss nach eng Käier op den Hauptsujet vum Rapport 2014 an, an zwar eng eventuell Erweiterung vun de Kompetenzen vum Ombudsmann. Als Demokratesch Partei verschléisse mir eis keng Diskussiounen, well mir der Meenung sinn, dass all Institution no engem Bilan regelméisseg muss ugepasst ginn, fir hir Missioun beschméiglech ausféieren ze kënnen.

Ech wäert am Kader vun dësem Ried awer net op déi eenzel Punkten agoen; de Spriecher vun eiser Fraktioun fir de Rapport vum leschte Joer, den honorabelen Deputéierte Gusty Graas, hat dozou déi rout Linne vun der DP am Kader vu senger Interventioun am leschte Joer ervirbruecht.

(**Interruption**)

Mir hu jo och zréckbehalen, dass am Fall, wou eng Majoritéit sech eens ass, d'Gesetz vum Mediateur vun 2003 kéint ëmgeännert ginn. Mir begréissen, dass um Niveau vun der Denominatioun decidéiert gouf, dass den Term „Ombudsmann“ gebraucht gëtt.

Aus de Beispiller, déi d'Médiateure an hiren zwee leschte mündleche Rapporte ginn huet, wësse mir, dass d'Mediatioun an der Relatioun tëschent de Bierger an de Verwaltungen a gewëssene Fäll eng Roll spillt. Ganz dacks, an ech denken, dat huet eis de Rapport 2015 kloergemaach, hapt et als Alleréischte un der Kommunikatioun. Déi ass entweder net komplett, net verständlech, an no enger éischter Analys vum Ombudsmann, no där de Bierger erkläert kritt, wat et op sech huet, wéi d'Prozedur ass, ob oder wéi d'Décision motivéiert gouf, kënne schonn eng ganz Partie vun den Dossieren ofgeschloss ginn.

Ausserdeem ass et wichteg, d'Mediatioun, déi dann an deem Kontext gemaach gëtt, net mat der Mediatioun ze verwiesselen, wéi se sech zu Lëtzebuerg ëmmer méi etabléiert: d'Mediatioun tëschent zwou Parteien, déi duerch eng drëtt, neutral an onofhängeg Persoun versicht, ee Konflikt ze klären. D'Landchaft vun der Mediatioun hei am Land gëtt ëmmer méi grouss, méi divers, an dofir ass et wichteg, den Iwwerbléck nach ze behalen, déi verschidden Domänen ze koordinéieren an eventuell och eng zentral Ulaftell ze schafen.

Wat awer och ëmmer méi wichteg gëtt, ass de Beruff vum Mediateur ze schützen, fir dass net jiddweree sech esou nennen dierf, wann en déi néideg Qualifikatiounen heifir net huet. An och um Niveau vun den öffentlichen Institutionen gëtt et Mediateuren: d'Médiateure vun der Santé an elo och de Mediateur vun der Consommation.

Mir gesinn also, Konflikter mat Hëllef vun der Mediatioun ze schlichten, verbreet sech also ëmmer méi. D'Mediatioun huet sech bewäert. D'Statistiken ënnerleeën den Zäitgewinn an d'Satisfaktioun vun de Parteien am Verglach mam classesche Wee vun der Justiz.

Wéi ech scho sot, net all Situatioun eegent sech derfir, mä de volle Potenzial ass ganz sécher

nach net erreecht. An dobäi denken ech, dass et och d'Roll vum Stat ass, op d'Mediatioun opmierksam ze maachen.

Madamm Presidentin, déi praktesch Suggestiounen un d'Verwaltungen sinn Upassungen, déi kënne gemaach ginn am Intérêt vum Bierger a vun der Verwaltung, ouni iwwer eng Gesetzesännerung mussen ze fueren.

Et ass weiderhi wichteg, op Mängel opmierksam ze maachen. D'Beispiller aus dem Rapport hunn et jo ënnerstrach: Mam Zäitalter vun der Digitaliséierung, déi natierlech net méi ewechzedenken ass an déi den Administratiounen d'Aarbecht vill méi einfach mécht, kënnen awer och ganz séier Situatiounen provozéiert ginn, wéi se net virgesi waren, déi awer duerno grouss Konsequenzen kënnen hunn. Zum Beispill wa Programmer Berechnungen maachen, déi spezifesch Fäll net berücksichtegen a falsch Informatiounen produzéieren. An och, wa villes online erleedegt ka ginn, geet de Kontakt mat de Bierger esou éischter verluer. Et ass awer wichteg, dass dat Mënschlecht net verluer geet, well hei geet et ëm d'Kredibilitéit an d'Vertrauen an d'Verwaltungen an an de Stat am grouss Ganzen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - De järeleche Rapport d'activité ass dofir do, fir eis dorobber opmierksam ze maachen a konkret Schrëtt ze ënnerhuelen, dass d'Verwaltungen am Dëngscht vum Bierger funktionéieren an als solch och wouergeholl ginn.

Madamm Presidentin, ech géif gären ofschléissen, andeems ech zum engen dem Rapporteur Merci soen, dem David Wagner, fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. An datselwecht gëllt fir d'Sekretariat vun der zoustänneger Chamberskommission an awer och fir d'Madamm Médiateure an hir ganz Equipe fir hire Rapport d'activité, dee schrëftlechen, an och fir d'Présentatioun, déi mündlech, déi mer am Mäerz hei an deem Haus haten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Hahn. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Grazie, Presidente!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Prego.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Loosst mech am Numm vun der grénger Fraktioun fir d'Éischt dem David Wagner Merci soe fir dee super Rapport, David.

An dann och natierlech eise Virriedner a Virriednerin, fir am Fong geholl alles scho bal gesot ze hunn. Et huet een héieren an de Rieden, dass ee wäit, wäit huet missen am Fong geholl sichen op alle Fall, fir kënnen hei d'ganz Zäit opzefänken. Dofir wäert ech och versichen, et kuerz ze maachen.

Ufänke wëll ech allerdéngs mat engem Thema, dat mir schonn all Joer erëm hei an der Plénière debattéiert hunn an dat schonn an enger Petitionskommission diskutéiert ginn ass: Et geet ëm d'Iddi vun enger méi breeder Definitioun vun der Missioun vum Ombudsmann. Dës Iddi hu mir als gréng Fraktioun nach ëmmer ënnerstëtzt a mir wäerten dat och an Zukunft maachen.

Mir sinn näamlech der Meenung, dass den Ombudsmann soll iwwerall do kënnen aktiv ginn, wou eng Mission de service public assuriert gëtt. Dat ass meeschtens do, wou öffentliche Gelder fléissen, fir de Finanzement vun esou engem Service ze ënnerstëtzen. Dat kann am Beräich vum öffentlichen Transport sinn, mä och an de Maison-relais, de private Schoulen, de Lycéeën an esou weider.

Mir mengen, dass et eng kloer Ongerechtegkeet ass, wann en Deel vun de Bierger a Biergerinnen am Fall vun engem Konflikt mat engem Prestataire de service kann op den Ombudsmann zréckgräifen an deen aneren Deel net. Et ass näamlech ganz egal, ob engem säi Kand an engem öffentlichen oder an engem private Foyer de jour versuergt gëtt. Wann eppes schifft, muss ee kënnen op dem Ombudsmann seng Servicer zréckgräifen.

Verschidden Akteuren an der Privatwirtschaft mengen awer, dass eng Gefor bestoe géif, dass et an deem Fall zu enger ongläicher Konkurrenzsituatioun kéint kommen. Si mengen näamlech, dass esou verschidden Entrepreneuren ënnert d'Kompetenzfeld vum Ombudsmann fale géifen an anerer net.

déi gréng fannen awer net, dass dëst en iwwerzeegend Argument ass. Ganz am Géigendeell! Privat a konventionéiert Akteuren, déi eng Mission de service public erfüllen, géifen dee Mo-





ment ebe grad d'selwecht behandelt gi wéi den éffentleche Secteur. Dobäi därer ee jo och net vergiessen, datt esou Betriber, doduerch, datt se éffentlech Gelder kréien, egal wéi schonn an enger ganz spezifischer Situatioun sinn, déi se vun Entreprises ënnerscheet, déi kee Service public assureieren.

Wat allerdéngs wichteg ass, datt ass, datt et eng kloer Definitioun vum Begrëff „service public“ gëtt. Schon am Débat d'orientation iwwert de Rapport vum Mediateur am Joer 2012 war gesot ginn, datt d'Institutionskommission den Optrag soll kréien, fir eng genuewe Definitioun vun dëser Notioun ze liwweren. An där Definitioun soll zum engen d'Natur vun de Services berücksichtegt ginn an op där anerer Säit de Prozentsatz vum éffentleche Finanzement.

De politesche Wëllen, fir op dësem Punkt virunzekommen, ass do. Déi gréng Fraktioun hofft op alle Fall, datt mir esou séier wéi méiglech kennen do Usazléisunge fannen.

An hirem Rapport geet eis Médiatore dann och op déi sougenannten „bonnes pratiques administratives“ an. A mir begreifen dann och, datt de Minister Dan Kersch an eiser Kommission seng Zouso ginn huet, wéi dat och schonn hei gesot ginn ass, fir de Code des bonnes pratiques ze adoptéieren.

Ech wëll dann och op den Haaptschwéierpunkt vum Rapport vun der Madamm Err zréckkommen: d'Wichtigkeet vun enger gudder an einfacher an effizienter Kommunikatioun an eisen Administratiounen. Jo, d'Madamm Err huet recht: D'Biergerinnen an d'Bierger mussen kënne vun hirem Recht op Informatioun Gebrauch maachen! Fir dëst ze erméiglechen, ass et awer wichteg, datt eis Administratiounen gutt an effizient kommunizéieren. Dat heescht, datt se an hirem Sproochgebrauch kloer an unkomplizéiert sinn a wa méiglech onnéideg Fachterminologie vermeiden. Eng einfach Sprooch ze kommunizéieren muss awer geléiert ginn. An dofir schléit d'Médiatore vir, fir kënne iwwert den INAP Formatiounen unzbidden, wat eng gutt Saach wier.

Ech wier och frou, wann do verschidde Leit vun heibanne géifen déi Formatioun matmaachen. Heiansdo ass et ganz, ganz schwéier ze verstoen, wat verschidde Leit - fir mech op alle Fall - wëlle soen.

## (Hilarité)

Fir lech ze weisen, wéi wichteg eng gutt Kommunikatioun tëschent Administratiounen an de Bierger an de Biergerinnen ass, wollt ech e klengt Beispill ginn, woumat ech als Buergermeeschter vun Déifferdeng selwer d'Erfahrung gemaach hunn.

Et ass oft, datt et am Fong geholl, op alle Fall zu Déifferdeng - an anere Gemenge wäert et jo net aneschtens sinn -, bis mir et als Schaffen oder Buergermeeschter gewuer ginn, oft ass dat eréischt, wa mer de Brëf kréie vum Mediateur, dann ass scho ganz vill an Administratiounen geschitt an et ass net bei eis komm. Wann et, op alle Fall, mengen ech, bei deene meeschte politesche Verantwortlechen ukënn, da gëtt och ganz schnell eng Léisung fonnt.

Hei e Bespill: E Mann wollt sech bestueden. En huet awer kee Certificat de résidence, hat en net. Muss een awer hunn, fir sech ze bestueden. E war awer néierens. A säi Partner wollt dann, datt e sech bei him soll umellen. Mä vu datt mer awer froen, wann ee mataverstanen ass, datt ee bei sech wunnt, huet de Propriétaire eis dat net ginn, datt en dermat averstane wier. Doropshin hu mer deem ugeruff, a bannent zwou Minutte war de Problem geléist, datt dee Mann e Certificat de résidence bei eis kritt huet, a si sinn och elo bestuet. Esou schnell kann dat goen. An et si vill esou Beispiller. Wann et bis bei déi politesch Verantwortlech geet, da gëtt ganz oft ganz schnell gehandelt.

Dëst Beispill weist: Eng gutt Kommunikatioun ass wichteg. D'Leit mussen eescht geholl ginn a si mussen hir Problemer kënne erklären. Si brauchen en oppent Ouer. Si brauchen een, deen hinnen d'Erklärung gëtt, firwat eng bestëmmten administrativ Décisioun geholl gouf oder net.

Dir gesitt, Madamm Presidentin, léif Kolleegen a Kolleeginnen, datt de Mediateur als Vermittler tëschent dem Bierger an dem Stat an de Gemengen dozou bäidréit, datt d'Bierger méi einfach zu hirem Recht kënne kommen. D'Médiature kann awer och administrativ Verbesserungen an der Gesetzgebung virschloen. Doduerch ka si aktiv Inegalitéite bekämpfen. An ech mengen, mir sinn eis all eens, datt si dofir eng essenziell Institution an eise demokrateschen, rechtsstaatleche Land ass.

Fir ofzeschlësse wëll ech dann awer e puer Wuert zu de Statistiken aus dem Rapport vun eiser Médiature verléieren. Och dëst Joer louch den Taux de correction global vun eiser Médiature bei méi wéi 80%. Deen héijen Taux

ass beandrockend, zemoos wann ee bedenkt, datt d'Madamm Err an hir Équipe, wéi schonn d'Joer virdrun, och 2015 erëm iwwer 700 Dossieren hu missen traitéieren. Fir genee ze sinn, waren et der 743; also eppes méi wéi 14 Dossiere pro Woch, mat deenen d'Équipe sech all Kéiers huet missen intensiv beschäftegen.

Wat mech awer besonnesch gefreet huet, wéi ech der Madamm Err hire Rapport gelies hunn, war de Fait, datt et an hirem Rapport weider keng Reklamatiounen bezüglech dem Ëmweltministerium ginn. Dëst ass a mengen Aen eng ganz positiv Entwécklung, zemoos wann ee bedenkt, datt viru fënnf Joer d'Situatioun nach eng aner war.

Am Rapport vum deemolege Mediateur, dem Här Fischbach, huet een näamlech nach misse liesen, datt d'Reklamatiounen iwwert den Environnement beim Ombudsmann amgaange wieren, an d'Luucht ze goen, datt et ze vill Waardezäite fir den Traitement vu verschiddenen Dossieren an dësem Ministère géife ginn an datt et an den Ae vum Mediateur inakzeptabel wier, datt nach keng Léisungen do wieren, fir datt dës Dossieren zäitgerecht kéint behandelt ginn.

déi gréng begreifen, datt dëst haut net méi de Fall ass. Deen héijen Taux de correction global schwätzt ouni Zweifel fir déi gutt Aarbecht vun eiser Médiature, déi, säit si hirt Amt ugetrueden huet, sech dorëms beméit huet, fir bei all Fäll vu Litigé béid Säiten un een Dësch ze bréngen, perséinlech Kontakter ze schafen a Mëssverständnisse aus dem Wee ze raumen, déi méiglecherweis am Virfeld tëschent deenen zwou Parteien entstane waren.

Aus mengen Erfahrungen um Gemengenniveau - ech hat jo scho virdru grad e Beispill genannt - weess ech awer, datt et nach eppes gëtt, wat vill méi wichteg ass wéi den impressionnanten Taux de correction global. Ech wëll dofir nach eng Kéier widderhuelen, datt a mengen Aen - an dat ass och d'Meenung vun eiser Fraktioun - déi wichtigst Aarbecht näamlech ass, datt d'Leit, déi an enger Situatioun sinn, an där se mussen op d'Service vum Ombudsmann zréckgräifen, en oppent Ouer fannen. Si ginn eescht geholl, kréien eng effizient Hëllefstellung bei der Léisung vun hire Problemer a Reklamatiounen a bei Bedarf och Erklärungen bei bestëmmten administrativen Décisiounen.

Wéi wichteg dëst ass, gesäit een, wann een deen Témoinage vun deene Leit liest, déi vun der Madamm Err an hire Service an der Vergaangenheet Gebrauch gemaach hunn. An dësen Témoinage gëtt eise Mediationservice mat Wierder wéi „professionnalisme“, „dévouement“, „compréhension“, „coopération“, „rapidité“ an och „efficacité“ beschriwwen. Dëse positiven Aussoe wëll ech mech ralliieren an der Madamm Err an hirer ganzer Équipe bei dëser Geleeënheet am Numm vun der grénger Fraktioun fir hir Aarbecht gratuléieren!

Dir Dammen an Dir Hären, zu gudder Lescht wollt ech awer nach eng Kéier op dat exzellent Aarbechtsverhältnis tëschent der Médiature an der Chamber hiweisen. Ech hoffen, datt dëst gutt Aarbechtsverhältnis an nächster Zukunft och weiderhi seng Friichte wäert droen.

Um Enn dann och nach e spezielle Merci un d'Madamm Haas, eis administrativ Mataarbechterin vun der Petitiounskommission, fir déi exzellent Aarbecht. Ech soen heimadder och dem Sven Merci. An ech wollt awer och dem President vun där Kommission Merci soen; hie géif sech op alle Fall ganz gutt drun, a meeschtens klappt et jo och.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëll am Numm vun der ADR dem Kolleeg David Wagner Merci soe fir säi gudder schrëftlechen a mündlechen éischte Rapport, deen en hei an der Chamber gemaach huet, an hoffentlech net leschten.

Ech mengen, déi Debatten hu mer 2008 hei fir d'Éischt an der Chamber gefouert, wéi mer de järeleche Rapport vun dem Ombudsmann hei diskutéiert hunn. Wéi mer 2003 d'Gesetz iwwert den Ombudsmann geschaaft hunn, war relativ eng bestëmmte grouss Kritik a Befierchtung vis-à-vis vum Aféiere vum Ombudsmann ze spieren. Net esou hei an der Chamber, mä ech géif vläicht éischter mengen, an de Verwaltungen, déi eng gewëssen Angscht deemools haten, datt den Ombudsmann géif am Fong iergendwéi esou e Schoulmeeschter ginn, deen op déi eenzel Verwaltungen géif oppassen a se zur Uerdnung ruffen.

Ech mengen, haut, mat engem Recul vun 13 Joer, kann ee soen, datt dat net de Fall ass an

datt et an der Zwëschenzäit zu enger Normalitéit ginn ass an datt, mengen ech, och kee méi d'Aféierung vum Ombudsmann hei am Land contestéiert.

Meng Virriedner hunn et scho gesot, datt mer ëmmer méi Ombudsmänner doruechter kréien, op deene verschiddenste Gebidder. Dat gëtt zu enger Normalitéit, déi een nëmme ka begreifen. An an engem demokrateschen an transparente Stat muss dat och zu enger Normalitéit ginn.

Ech wëll duerfir hei kloer soen, datt de Marc Fischbach, deen déi schwéier Missioun iwwerholl hat, mengen ech, deemools och dee richtige Mann war, fir déi Fonctioun ze iwwerhuelen an domadder och dee richtige Stellwäert fir den Ombudsmann hei am Land geschaaft plus d'Gemengen, wivill Akten do am Laf vun engem Joer gesat ginn, dat si sécherlech, ech weess net, Zengdausende vun Akten, déi gesat ginn! A mir gesinn op där anerer Säit, datt mer dann „nëmme“ - géif ech soen - 743 Reklamatiounen hunn, da bedeit dat, datt mer e Statsapparat hunn a Gemengenapparater hunn, déi gutt fonctionnéieren, datt mer gutt Fonctionnaires op deene Plazen hunn, datt eng gutt Aarbecht do gemaach gëtt, an datt de ganz, ganz groussen Deel vun eise Bierger ze fridden ass mat där Aarbecht, déi an deenen eenzelne Verwaltungen gemaach gëtt.

Wa mer de Rapport kucken a mer kucken d'Verhältnis, well wa mer schwätze vu 743 Reklamatiounen an engem Joer, da mag dat, op engem éischte Bléck, der vill sinn. Mä wann een awer géif kucken, wivill datt am ganze Statsapparat, plus d'Gemengen, wivill Akten do am Laf vun engem Joer gesat ginn, dat si sécherlech, ech weess net, Zengdausende vun Akten, déi gesat ginn! A mir gesinn op där anerer Säit, datt mer dann „nëmme“ - géif ech soen - 743 Reklamatiounen hunn, da bedeit dat, datt mer e Statsapparat hunn a Gemengenapparater hunn, déi gutt fonctionnéieren, datt mer gutt Fonctionnaires op deene Plazen hunn, datt eng gutt Aarbecht do gemaach gëtt, an datt de ganz, ganz groussen Deel vun eise Bierger ze fridden ass mat där Aarbecht, déi an deenen eenzelne Verwaltungen gemaach gëtt.

A wa mer dann nach déi 743 Reklamatiounen ventiléieren a mir gesinn, datt der 36 net recevabel waren, 135 net begrënnt waren, da gesäit een, datt déi Zuel nach weider erofgeet. A vun deenen, déi zréckbehale si ginn, an do muss een da félicitéieren engersäits dem Ombudsmann, awer och op där anerer Säit de Verwaltungen, déi en Entgéintkomme bewisen hunn, well 80% vun deene Reklamatiounen konnten eng Korrektur erfueren.

Duerfir mussen mir als Politiker oppassen, datt dat net zu engem normale Ritual hei an der Chamber gëtt, well wann ee wierklech an de Rapport erakucke geet, gëtt et keng spektakulär Reklamatioun. Et gëtt wuel Reklamatiounen, mä datt een elo kéint soen: Do ass eppes Spektakuläres, wat hei am Stat oder an enger Verwaltung oder systematesch net fonctionnéiert, dat ass net de Fall! An trotzdem ass et awer wichteg, datt mer all Joers déi Missioun hei maachen an datt mer och nei Iddie lancéieren, esou wéi dat an der Motioun, déi vun der Kommission festgehal ginn ass, hei gemaach ginn ass.

Ech mengen, och d'Prozedur, déi mer eis hei an der Chamber méi spët ginn hunn, ass eng gutt Prozedur, wou am Fong de Rapport vum Ombudsmann an déi eenzel Kommissiounen erageet, wou deen eenzelne Ressortminister an d'Kommissionen kënnt an zu deene Propositionen oder Informatiounen oder Kriticken, déi vum Ombudsmann komm sinn, Stellung hält, an d'Kommissionen dann dozou Stellung hält. Dat geet dann zréck bei d'Petitiounskommission, déi dat sammelt an dann e globale Rapport mécht.

Och dat war vläicht a verschiddene Kommissionen, well net vill virlouch, wat ze kritiséieren oder ze änneren oder ze proposéieren war, eng relativ liicht Affär. Mä trotzdem, mengen ech, sollte mer déi Prozedur, well se huet bewisen, datt se wichteg ass, awer weiderhi maachen.

Ech mengen, et ass dëst Joer en Haaptgewicht drop geluecht ginn och iwwert d'Kommunikatioun mam Bierger. Mir wëssen alleguer, datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou haut alles méi informatiséiert ass oder d'Normalitéit scho ginn ass, mä mer daerfen net vergiessen, datt et och nach ëmmer Leit gëtt, déi sech domadder schwéierdinn. Et sinn och virun allem eeler Leit, déi sech domadder schwéierdinn. An duerfir mussen eis Verwaltungen ëmmer op bleiwe fir dat eent an dat anert.

De Bierger muss nach ëmmer en Usprechpartner a senger Verwaltung fannen, wou e ka mat senger Problemer higoen. An och wëll ech soen, wa mer kucken, an dat ass och scho vu menge Virriedner gesot ginn, wa mer Formulieren a Questionnaires an alles an d'Land erauschécken, sinn déi net ëmmer an der einfachster Form formuliert, an och do hu vill Leit Problemer, fir dat ze verstoen.

Ech géif och suggeréieren, am Numm vun der ADR, datt mer sollten emol endlech de Courage opbréngen, datt mer eng ganz Rei Formulieren och sollten a Lëtzebuerger Sprooch maa-

chen, wat am Fong fir e Land wéi Lëtzebuerg misst eng Normalitéit sinn, datt mer niewent dem Franséischen och géife Lëtzebuerger Formulaire maachen, datt d'Leit och do de Choix hätten a vläicht dann een Deel vun deem Versteedsmech bei de Leit besser wier, wéi dat haut de Fall ass.

Bei den Ombudsmann ginn d'Leit am Prinzip, wa se mat iergendwéi enger Décisioun oder enger Démarche vun enger Verwaltung net averstane sinn. Si ginn also dohinner, wa se eppes ze reklaméieren hunn. Dat ass esou am Volleksmond, wéi dat betruecht gëtt.

Mä et gëtt awer och eppes, mengen ech, wat mer misste méi fuerderen hei am Land: Dat ass, datt et eng Ulaftell géif ginn - dat kann den Ombudsmann sinn, et kann een dat och vläicht méi ausbauen -, wa Leit Suggestiounen ze maachen hunn, déi mat Verwaltungen ze dinn hunn a wou se als Bierger oder als Betrib soen: „Ma wa mer dat doten elo esou gemaach hätten, da wier et méi séier an et wier méi einfach gewiescht a mir hätten eppes do alleguer dru verdéngt.“ An ech mengen, och do misste mer higoen, datt den Eenzelnen e Recht kritt, fir ze soen: „Ma wann Der et esou géift maachen...“, oder: „Ech proposéieren, et esou ze maachen, da géif et besser fonctionnéieren.“

An all déi Suggestiounen missten dann och eescht geholl ginn, déi missten och eng Äntwert kréien, et misst deenen nogaange ginn. Ech ginn lech e Beispill, wat net direkt Stat ass. Mir stëmmen haut eng Motioun hei, déi virun allem fir d'Relatioun mat dem Public gemaach gëtt a wou Norme-administrativ festgeluecht ginn, wat den eenzelne Bierger vun enger Verwaltung ze erwaarden huet. Ech ginn d'Beispill vun der Sandweiler Kontrollstation, wat net direkt Stat ass.

Mä wann een haut op Sandweiler geet an et muss een do en Auto umellen, ofmellen oder ëmmellen, da muss een..., mat engem hallwen Dag geet dat net duer! Da sëtzt ee véier, fënnf Stonnen zu Sandweiler an engem Raum op en Écran ze kucken, bis seng Zifferche kënn. Ech war déi leschte Kéier och an esou engem Fall, du sinn ech froe gaangen, du sot ech: „Ass haut eppes Extraes?“ Du soten déi: „Neen, dat ass awer normal, dat doten.“ Ech sot: „Datt ech véier, fënnf Stonnen hei waarde muss, ass dat normal?“ - „Jo, dat ass normal. A wann Der et gär méi séier hätt, da kënnst Der jo bei e Professionnelle goen, da bezuelt Der deem eppes, dee kënnst méi séier bäi.“

Also ech fannen dat éierlech gesot... Ech mengen, den zoustännige Minister huet grouss Efforte mat der Kontrollstation gemaach, fir datt déi Leit, déi mam Auto an d'Kontroll fueren, datt een do kann haut Rendez-vous kréien, d'Délaie si verréckelt ginn. Dat klappt haut wonnerbar! Mä et kann awer net normal sinn, datt e Bierger muss en hallwen Dag opbréngen, fir en Auto unzemellen oder ëmzemellen. An do hunn och eng Rei vu Leit gutt Suggestiounen, wéi een dat kéint vereinfachen, fir datt et géif méi séier goen, wann d'Verwaltung selwer eventuell keng huet.

Mä ech géif mengen, datt e verstännegen Délai maximal eng Stonn misst sinn. Mä datt ee muss véier, fënnf Stonnen dosëtzen! An all Dag sëtze masseg Leit do ze waarden! Duerfir géif ech nach eng Kéier soen, datt mer déi Propositionen maachen, datt d'Leit och méi wësen, wou et eng Plaz gëtt, déi se kënne ulafen, fir Suggestiounen ze maachen, déi ubruecht sinn - och vläicht net ëmmer, mä awer kënne ubruecht sinn - an duerch déi een dann och kéint Verbesserungen ausféieren.

Dat gesot, Här President, wëll ech all deene Leit, déi hei zu deem gudden Resultat fir eis bäigedroen hunn, Merci soen an och d'Zoustimmung vun der ADR zu der Motioun ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Gibéryen. Ech hunn elo keen Deputéierte méi op der Lëscht. Da géif ech elo vläicht d'Wuert un d'Regierung ginn. Här Innen- a Fonction-publiques-Minister Dan Kersch, willkomm op der Tribün. Dir hutt d'Wuert.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Merci, Madamm Presidentin. Am Numm vun de Kolleegen vun der Regierung wëll ech emol e Merci soe fir dëse ganz konstruktiven Débat. Ech mengen, dass een och kann am Respekt vun de Regele vun der Séparation des pouvoirs soen, dass mer e gemeinsamen Intérêt hunn, souwuel Legislativ wéi och Exekutiv, un enger gutt fonctionnéierender Administratioun.





An deem Sënn gesinn ech d'Aarbecht vun eiser Ombudsfra och als en, géif ech soen „erlaabten Doping“ praktesch fir eis Administratiounen, fir dass si eng nach méi effikass Aarbecht kënnen leeschten. An ech géif mer wënschen, dass och all eenzelne Beamten dat géif esou gesinn, an net, wéi dat vläicht heiansdo nach ze vill oft de Fall ass, als Kontrollorgan oder als ongewollt Amëschung an hir Dossieren. Esou war et vun Ufank un net geduecht. An ech weess, dass och d'Servicer vun der Ombudsfra dat net esou gesinn.

Ech wollt vläicht soen, dat, wat och virdu schonn e puermol ugeschwat ginn ass, wou ganz vill driwwer geschwat ginn ass, de Guide des bonnes pratiques: Effektiv hunn ech mech engagéiert an der Chamberskommission - an ech sinn och frou, dass ech dat hei kann op der Tribün soen -, esou e Guide nach bis virum Enn vun dësem Joer ze presentéieren op der Basis vun deem, wat mer schonn um EU-Niveau hunn zënter 2001, wéi den David Wagner sot, an och opbauend op där Viraarbecht, déi déi viereg Regierung an dësem Domän geleescht huet.

Ech wëll awer soen, dass mer et nach mussen adaptéieren u besteeënd Gesetzgebungen. Ech sinn der Meenung, dass et kee Wäert huet, hei double Emploi ze maachen. Et huet kee grouse Sënn, eppes an e Guide ze schreiwen, wou mer scho gesetzlech Obligatiounen hunn. Dat ass awer hei zum Deel de Fall, zum Beispill beim Droit à l'information, bei der Protection des données oder bei den Dispositionen iwwert d'Procédure administrative non contentieuse, iwwert d'Motivatioun vun den Décisiounen oder iwwert d'Voie-de-recoursen, iwwert d'Obligatioun vun der Transmissioun an d'Autorité compétente. Alles Saachen, déi elo an deem Guide virgesi sinn, mä wou mer scho gesetzlech Bestëmmungen hunn an zumindest, wa mer et da géifen dra loossen, da misste mer och eng Referenz op déi besteeënd Gesetzestexter nach derbäisetzen.

Ausserdeem sinn ech der Meenung, dass mer iwwer verschidden Délaien, déi do virgesi sinn, sollten nach eng kéier mat eisen Administratiounen och diskutéieren. Et huet kee Wäert, ganz kuerz Délaien do dranzesetzen, vun deene mer wëssen, dass mer se herno net kënnen anhalen. Dann hunn ech léiwer, dass mer eis am Virfeld drop eenegen, déi Délaien e bësse méi ze strecken, an dass se awer herno realistesch sinn.

Dir gesitt, et ass also nach e bësse Fläissaarbecht ze maachen. Mä ech kann awer a mengem perséinlechen Numm an och am Numm vun der Regierung mech engagéieren, dass mer dee Guide op den Instanzewee wäerte bréngen, selbstverständlech nodeem dass mer en och nach eng kéier an der zoustänneger Kommission diskutéiert hunn, nach virum Enn vun dësem Joer.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci, Här Minister. Ass nach ee vun der Regierungsmemberen, dee wëllt Stellung huelen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

**Motion 1**

Mir hunn eng Motioun virleien. Wëllt nach een dozou eppes soen?

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Esou wéi ech dat verstanen hunn, war déi Motioun ganz konsensuell. An ech géif d'Chamber da froen, ob se bereet ass, duerch Handophiewen driwwer ofzestëmmen. Ass dat de Fall?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Enthalungen?

Domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Villmools Merci.

Mir sinn dann um Enn vun der Diskussioun iwwert de Rapport vun dem Ombudsmann ukomm a mir géifen zum nächste Punkt vun eise-m Ordre du jour iwwergoen, eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Konsequenze vum sougenannte Brexit fir eis Économie allgemeng a méi spezifesch fir eis Finanzplaz. Déi Aktualitéitsstonn ass vun der CSV-Fraktioun ugefrot ginn. An d'Wuert huet direkt hire Vertrieeder, den Här Laurent Mosar.

### 3. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du vote britannique en faveur d'une sortie du pays de l'Union européenne - les effets et les conséquences pour l'économie luxembourgeoise et notre place financière

**Exposé**

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, d'lescht Woch hate mer op dëser Plaz d'Erklärung vun eise-m Statsminister iwwert de Brexit a seng Konsequenzen op déi zukünfteg Relatiounen zwësche Groussbritannien an der Europäescher Unioun.

Ech wëll mech haut de Mëtte méi intensiv mat de Konsequenze vun dëser Entscheedung, déi mer, mengen ech, hei alleguerten an dësem Haus bedauern, op d'lëtzebuergesch Wirtschaft a ganz besonnesch op eis Finanzplaz beschäftegen. Well d'Nobiewe vum Brexit wäerten och eis Wirtschaft an eis Finanzplaz nach eng gutt Zäitchen a Bewegung halen.

Wat bedeit elo dës Décisioun fir d'wirtschaftlech Entwécklung an der Europäescher Unioun, awer och ganz besonnesch hei zu Lëtzebuerg?

Och wann et schwiéier ass, haut an hei genau Pronosticken iwwert den Impact vum Brexit op eis wirtschaftlech Entwécklung ze maachen, sou weisen dach rezent Zuelen, déi mer d'lescht Woch notament vum Statec kritt hunn, éischter op eng Bremstendenz vum Brexit och op eis lëtzebuergesch Wirtschaft. Déiselwecht Tendenz gëtt iwwregens och vum FMI a vun der OECD confirméiert.

Wéi staark dës Bremswierkung wäert sinn, hänkt dann awer och haaptsächlech dervun of, wéi mir - d'Regierung an och de Privatsektor, d'Wirtschaft - eis an den nächste Wochen a Méint hei wäerte positionéieren.

Et ass och hei beim Brexit-Biewe wéi bei engem richteg Biewen: Dat richteg Verhale kann zwar näischt um Biewe selwer änneren, awer de Schued kann herno zumindest a Grenze gehale ginn.

Här President, dee gréisste Risiko, dee mir fir déi europäesch, awer och ganz besonnesch fir déi lëtzebuergesch Wirtschaft gesinn, ass dee vun där Onsécherheet, déi mer elo hunn an déi fir all wirtschaftlech Entwécklung Gëft ass, ganz besonnesch, wann et sech ëm e volatile Sektour wéi d'Finanzwirtschaft handelt. Duerfir deele mir och op dësem Punkt d'Ausso vum Statsminister, deen drop insistéiert huet, dass d'Verhandlungen iwwert den Austrëtt vu Groussbritannien esou schnell wéi méiglech ugefaange mussen ginn an haaptsächlech och an deem virgesinnen Délai vun zwee Joer ofgeschloss ginn. De Brexit ass vun de Britten décidéiert ginn. Elo muss och de Brexit vu London ëmgasat ginn.

Dat gesot, maachen ech mer awer keng grouss Illusiounen iwwert d'Komplexitéit an d'Schwierkeet vun deene Verhandlungen, déi eis do wäerten erwaarden, wëssend, dass et hei net nëmmen iwwert den Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun, mä gläichzäitig och ëm den eventuellen Zesummebroch vun dem aktuelle Groussbritannien wäert goen.

Realpolitesch ass also de Brexit nach laang net décidéiert, well aus deem Brexit och nach kann duerchaus en „Break-it“ vum Vereenegte Kinnekräich ginn. Dobäi muss ee wëssen, dass d'Souveränitéit vun Kinnekräich zumindest an der Doktrin beim britesche Parlament am Numm vun der Kroun läit, an duerno wäert och dëst britescht Parlament dat lescht Wuert beim Brexit schwätzen.

Ech wëll direkt virun zwou Attitüden an deenen nächste Wochen a Méint warnen: Éischters wär et net glécklech, wann d'Spëtze vun der Europäesch Unioun, an ech deelen hei voll d'Meenung vum Helmut Kohl, elo eng Zort Strofexpeditioun wëlle géint Groussbritannien starten, fir deenen emol eng kéier richteg ze weisen, wat fir e Selbstgol si sech den 23. Juni geschoss hunn. Mir mussen näämlech wëssen, dass et net egal ass, och fir Lëtzebuerg, wéi déi Verhandlungen do ausginn, well och mir hunn all Interesse drun, dass mer och an Zukunft gutt politesch a strategesch Bezéiunge mat Groussbritannien an der Londoner City hunn.

Ech wëll an dësem Kontext d'ailleurs op eenzel Etüden hiweisen, déi am Virfeld vum Brexit gemaach gi sinn an déi alleguer zur Konklusioun komm sinn, dass ganz besonnesch och eist Land bei engem Brexit vill op wirtschaftlech Plang ze verléieren hätt. Wa London wackelt, da rabbelt et just à première vue bei eis an der Keess. A terme kann et awer och un eise-m Fundament wibbelen. Dat muss een emol einfach esou wëssen.

Eng zweet Attitüd, an do adresséieren ech mech da virun allem direkt un d'lëtzebuerg-

gesch Regierung, ass déi, dass et net gesond wär, wa mir eis elo wéi Geieren op de britesche Kuch géife stierzen, deen an deenen nächste Wochen a Méint dann eventuell wäert verdeelt ginn. Dat kéint eis näämlech emol ganz liicht de Mo verdierwen.

Dat gesot, Här President, solle mer awer och net deenen anere Konkurrenten de ganze Kuch, deen dann elo vläicht nei verdeelt gëtt, iwwerloossen. Awer d'Stécker mussen fair an am Respekt verdeelt ginn.

Ech denke schonn, dass mir als Standuert eng Rei Virdeeler hunn an och solle proaktiv versichen, eenzel Aktivitéitsberäicher op Lëtzebuerg ze zéien. Awer nëmme Beräicher mat där néideger Substanz! An do denken ech un eng Diskussioun, déi och dem Finanzminister ganz no geet, näämlech déi iwwert de BEPS, mat deem mer scho permanent amgaange sinn eis ausereenenesetzen.

Här President, d'lescht Woch huet eise Premier zu Recht ënnerstrach, dass d'englesch Regierung kee Plang B hätt, fir de Brexit ëmzesetzen. Déiselwecht Kritik kann ech awer och un eis Regierung adresséieren, näämlech déi, dass se kee Plan B hat an ëmmer nach net huet, wat de Brexit ubetrëfft. Ausser vläicht divers Déplacementer vum Finanzminister op London, mä dat eleng geet sécherlech net duer, fir eis Finanzplaz offensiv ze positionéieren!

Dobäi muss ee jo soen, dass dat Äerdbiewen, och wa mer eis et sécherlech net esou erwaart haten, trotzdem eigentlech net esou iwwerraschend war, an zumindest en Datum hu mer kann! An eis Regierung an eis Diplomatie hätte sech vläicht awer méi proaktiv dorop misse virbereeden.

Et schéngt awer elo ze sinn, dass entre-temps d'Regierung erwächt ass. Laut engem Artikel haut am „Lëtzeburger Wort“ plangt de Wirtschaftsminister jo mat verschiddenen Akteure vun der Business-Communautéit an nächster Zäit eng Wirtschafts- a Finanzmissioun op London. Dat ass och gutt esou! Well och wa mer spët reagéieren, ass et dach besser wéi ni!

An ech géif och hei der Regierung un d'Häerz leeën, elo net iwwerstierzt hei virzegoen, mä villméi...

**(Protestations et interruptions par MM. Xavier Bettel et Etienne Schneider)**

...mat roueger...

**(Interruptions)**

...mat roueger Hand an...

Lauschtert, Här Statsminister, wéi mir dat gesinn!

**(Brouhaha et interruptions)**

Mä esou...

**(Interruption)**

Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Et kritt een nom aneren d'Wuert!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Mir mussen näämlech wëssen, dass op anere Plaze scho säit Méint - ob dat zu Dublin, zu Frankfurt oder zu Paräis ass - Strategien entworfen gi sinn, fir en Deel vum Business unzézéien. An en exzellent Beispill, Dir Härë vun der Regierung, ass eigentlech Paräis, wou an de leschten Deeg de franséische President Hollande, dee jo net als enke Frënd vun de Banke bekannt ass, sech net ze schued war, fir proaktiv Reklam fir Paräis ze maachen. Deeselwechte President, an dat wëll ech awer vläicht hei och emol eng kéier rappelléieren, deen eng kéier gesot hat: «Mon adversaire, c'est la finance.» Deeselwechten Här Hollande geet also elo d'Finanzplaz Paräis verkafen. Esou änneren nun emol d'Zäiten!

Ech wëll allerdéngs, Här President, dës Aktualitéitsstonn an engem konstruktive Gescht gesinn an duerfir versichen, an där ganz kuerz bemossener Zäit eng Rei vu konkrete Propositionen ze maachen.

Fir d'Alleréisch, Dir Härë Ministeren, géif ech wënschen, an ech hu gesinn, dass dat och scho geschitt ass, dass soll eng Taskforce agesat ginn, fir eng Strategie ze definéieren, wéi mir eis als Standuert solle positionéieren, dëst net nëmmen eleng am Kontext vun den Austrëttsverhandlungen, déi um Niveau vun der EU gefouert ginn. Ech hunn och gesinn, dass u sech déi Taskforce soll vu Luxembourg fir finance koordinéiert ginn, woumat ech prinzipiell och kee Problem hunn. Ech géif just wënschen, Dir Härë Ministeren, dass och bei där Delegatioun, bei där Taskforce awer Vertrieeder vum Finanzministère a ganz besonnesch och vun der Steierverwaltung derbäi wäerte sinn.

Mir sinn eis alleguer bewosst, dass et sech an dese Verhandlungen virun allem wäert ëm de sougenannten europäesche Pass dréien a London alles wäert ënnerhuelen, fir e méiglechst il-

limitéierten Accès op den europäesche Banne-maart an domadder op déi aner europäesch Finanzplazen ze behalen. Duerfir ass et och wichtig, dass hei den „level playing field“ weider bestoe bleift zwëschen de Memberlänner vun der Europäescher Unioun a Groussbritannien.

An duerfir kann et och net esou sinn, Kollegen - ginnen a Kollegen, dass déi britesche Banken an Zukunft den illimitéierten Accès op de Kontinent behalen, ouni op där anerer Säit awer sech mussen un déi europäesch Reguléierungen ze halen. Politesch a wirtschaftlech Fräiheet sinn eben zwou Säite vun enger Europamedaille! An de Brexit dierf hei net zum ultimativen „cherry picking“ ginn!

Drëtens sollt déiselwecht Taskforce eng Analys vun de Stärkten an de Schwaachpunkte vun eiser Finanzplaz maachen a versichen, Här Finanzminister an Här Wirtschaftsminister, eng Rei vu Mesuren ze decidéieren, déi dës Schwaachpunkten zumindest zum Deel kéinte besäitegen.

Véiertens géife mir wëllen d'Regierung invitéieren, ganz besonnesch an deene Länner d'Promotioun ze intensivéieren, déi un engem europäesche Standuert interesséiert sinn. An ech denken do net nëmmen, mä awer och un de chineesesche Marché. Iwwregens war d'Schockwell vum Brexit och bis wäit an Asien era spierbar.

An den Diskussiounen am Kontext vum Brexit gëtt näämlech oft vergiess, dass et net nëmmen drëm geet, fir nei, fir eventuell Aktivitéitsberäicher vu London op aner Finanzplazen ewechzezéien, mä virun allem geet et och drëm, potenziell Investisseuren ausserhalb vun der Europäescher Unioun ze iwwerzeegen, sech bei eis niddereeloossen.

Fënneftens: Et wär gutt, Här Finanzminister, wa mer um Niveau vun der Transposition vun europäeschen Direktive géifen am Finanzberäich eng Schépp nach bäileën, fir do weider bei de First-moveren ze sinn.

Sechstens, wéi ech och schonn a menger Interpellatioun iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz am leschten Dezember hei gesot hunn, ergëtt sech eng Opportunitéit, fir nei Headquarteren op Lëtzebuerg ze zéien. Do war vun der Chamber eng Motioun à l'unanimité ugeholl ginn: Do sollt eng Bestandsopnam gemaach ginn. Ech wär frou, Här Finanzminister, wann Der eis vläicht e puer Wieder doriwwer kéint soen.

Siwent Proposition, an do adresséieren ech mech direkt un den Här Wirtschaftsminister, wann en dann nolauschtert: Hei geet et ëm de Beräich vun de Start-uppen, déi sech zu engem groussen Deel, an de Wirtschaftsminister weess dat, zu London niddereeloossen. Hei muss een och wëssen, dass et fir vill Start-uppen eng absolutt Nécessitéit gëtt, fir en europäesche Pass ze kréien, an duerfir schéngen eis och do konkret Chancen ze sinn, dass méi Start-uppe kënnen op Lëtzebuerg kommen. Mir mussen allerdéngs do aus der Rhetorik vun der Start-up-Nation Lëtzebuerg och eng praktesch Wierklecheit maachen an deenen Entrepreneuren hei e sécheren Hafen ubidden.

Aachtens, an do sinn ech dann eng kéier bei enger laangjäereger Fuerderung, näämlech där um Niveau vun der Fiskalitéit, den Taux d'affichage méi staark an haaptsächlech méi schnell erfzesetzen, dat awer mat enger gläichzäitiger Verbreederung vun der Besteuerungsgrondlag.

Schlussendlech, an da sinn ech scho bei mengem leschte Punkt, Här President, soll d'Regierung alles ënnerhuelen, fir déi europäesch Bankenopsicht, d'EBA, vu London op Lëtzebuerg ze zéien. An ouni elo d'Méiglecheit ze hunn, hei an den Detail ze goen, si mir dach der Meenung, dass mer als Land eng Rei zolidd juristesche Argumenter hunn, fir do eisen Hutt an de Réng ze geheien.

Dat gesot, Här President, bleiwe mir der Iwwerzeugung, dass trotz allen Onsécherheeten an engem eventuelle Brexit d'Finanzplaz vu London weider eng vun deene grouse Finanzplaze wäert bleiwen. Och nom Brexit bleift London London. Dat gesot, wäert Groussbritannien och während enger Iwwergangszäit Member vun der Europäescher Unioun bleiwen an och doriwwer eraus. An duerfir hu mir all Interesse drun, dass eis béid Finanzplazen déi besteeënd exzellent Bezéiunge weider soignéieren, dëst am Interesse vun der englescher, awer och vun der lëtzebuergescher Wirtschaft.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Mosar. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

**Débat**

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Mir haten, et ass nach keng Woch hier, de leschten Donneschdeg schonn eng Debatt